



land kann hunn, soulaang dëst eng direkt oder indirekt Retombée fir Lëtzebuerg huet.

D'Mobilitéit vun den Intermittentë gëtt des Weideren ënnerstëtzt, andeems se net méi wéi bis elo prioritairement zu Lëtzebuerg oder fir eng hei zu Lëtzebuerg domiciliéiert Entreprise mussen schaffen.

De Prinzip vun der Gläichbehandlung tëschent Artisten an Intermittenten ass op verschidde-nen Niveauen vum Gesetzesentwurf agefouert ginn. An notament sinn elo d'Artisten an d'Intermittenten, éischten, darselwechter Condition d'affiliation ënnerworf.

Zweetens, se mussen allen zwee op hir Sozial-hëllef Steiere bezuelen. Effektiv ass d'Exem-ption fiscale vun de Sozialhëllef vun den Artis-ten, déi bis elo bestoung, suppriméiert ginn.

Drëtten, se mussen allen zwee beweisen, datt hir kënschtlersch Aktivitéit véiermol de soziale Mindestloun fir net qualifizéiert Aarbechter am Joer virun hirer Demande abruucht huet. Da kréie se allen zwee Sozialhëlfe an Héicht vum soziale Mindestloun fir qualifizéiert Aar-bechter. Bis elo ass bei deenen Hëllef fir d'In-termittenten ëmmer den Ënnerscheid ge-maach ginn, ob si am Joer virun hirer Demande méi oder manner wéi de qualifizéierte soziale Mindestloun verdéngt haten. An dëse Prinzip ass elo opgehuewe ginn. An, zum Schluss: Si kënnen allen zwee zimlech deeselwechte Maxi-mum vu Sozialhëllef kréien.

Finalement stinn an dësem Gesetzesentwurf awer och Mesuren, déi an engem Zukunftspak hätte kënnen stoen. Esou gëtt de maximale Seuil fir d'Commande publique vun 800.000 op 500.000 Euro erofgesat. Net, well mer dat er-fonnt hunn, mä well dat an der Regel bei deene Commanden, déi bis elo gemaach gi sinn, ni iwwert déi 500.000 an de leschte Joren erausgaangen ass. Och wann dës Commande publique e weidert wichtegt Instrument vun der Kulturpolitik bleiwe soll, därer een och hei net den Objektiv vun der Reduktioun vun de Statsdépense vergiessen.

Als Konklusioun kann ee soen, datt mir och wei-derhin ee mat deene favorabelste Regimer an Europa a vläicht souguer op der Welt hunn, wat d'Sozialhëlfe vun den Artisten an Intermitten-ten ugeet, andeems mir déi Acquisen, déi am Gesetz vun 1999 stoungen - de Prinzip vun de Sozialhëlfe, Bourse, Aide à la création, Com-mande publique -, bäibehalen hunn an un d'Realitéten an d'Besoinen vum kulturelle Secteur ugepasst hunn: méi Mobilitéit, méi Professionali-satioun a méi Ënnerstëtzung fir déi Jonk.

Nach ze bemierken ass, datt et schonn e Groupe de travail gëtt, wou all eis Subsidien a Boursssen diskutéiert ginn a wou driwwer disku-téiert gëtt, fir se nei ze organiséieren, a mer och versichen, eng zentral Ulafstell ze schafen, an datt mer op där Plaz och herno kloer Kritä-ren a Prioritéite festhalen, wat soll ënnerstëtzt ginn, an alles dat soll an deem Groupe de tra-vail a kuerzer Zäit och ausgeschafft ginn.

Dem Här Kartheiser wëll ech soen, datt d'Pro-jets de règlement grand-ducal an d'Fiche finan-cièere an d'Statistiken an der Kommissioun aus-gedeelt gi sinn. Meng Leit setzen zwar douewen, Dir kënnt gären eng Kopie dovunner kréien.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat ass léif.

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Cul-ture*.- Dat ass kee Problem.

An domadder sinn ech um Schluss ukomm. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir déi - wéi ech héieren - breet Ënner-stëtzung fir dëse Projet de loi. An domadder wier ech dann um Schluss ukomm.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6612 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6612 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un an ass schonn ofgeschloss. De Projet 6612 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Vi-viane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Ur-bany.

Ech ginn dervun aus, dass d'Enthalunge moti-véiert sinn.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Mir sinn nach mat enger Motioun vun der ho-norabler Madame Octavie Modert am Numm vun der CSV saisiéiert.

Kann ech dovunner ausgoen, dass déi moti-véiert ass?

► **Une voix**.- Jo!

(**Interruptions**)

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Ech géif et och gutt fannen, wann...

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Cul-ture*.- Soll ech eppes dozou soen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, wann Der wëllt, Madame Minister.

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Cul-ture*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren, esou wéi et aus menger Ried erauskomm ass, ass dee Punkt - ech fänke bei deem zwee-ten un - jo méi wéi erkläert, datt mer do der Meinung sinn, datt mer mussen bei zwielef Méint bleiwen.

A wat den éischte Punkt ugeet, och do erkläert, wat ech gesot hunn an der Ried, datt souwéi-sou et virgesinn ass, fir dat Ganz net nëmmen no zwee Joer, mä regelméisseg ze evaluéieren, well mer schonn am Ministère Diskussiounen féieren notament am Kader och vun deene Subsidien a vun deene Boursssen, datt mer kuck-en, wéi dat Gesetz elo uleeft, an nach eng Kéier wäerten opmaachen, fir op verschidde Punkten dann ze reagéieren.

An duerfir sinn ech der Meinung, datt dës Mo-tioun superfétatoire oder - wéi soll ech soen? - sans objet wier, soudatt ech der Meinung sinn, datt d'Chamber déi Motioun hei net bräicht ze akzeptéieren.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Madame, Dir hutt elo grad gesot, Dir géift souwéi-sou evaluéieren. Da kënnt Der jo d'Motioun unhue-len.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wei-der Wuertmeldungen zur Motioun? Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, nodeems mer virun der CSV noge-lauschert hunn an elo den Erklärungen och vun der Madame Minister, muss ech awer soen, datt d'ADR déi Suerge vun der CSV hei an dësem Punkt deelt an datt mer déi Motioun kënnen mat ënnerstëtzen, wa se zur Ofstëm-mung kënnt.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen?

(**Négation**)

Da géife mer d'Motioun zum Vote stellen.

Vote sur la motion 1

Déi, déi derfir sinn, stëmme mat Jo. Déi, déi dergéint sinn, stëmme mat Nee.

► **Une voix**.- Dir musst dat nach eng Kéier soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, Dir hutt dat ganz gutt verstanen.

(**Hilarité**)

Dat geet séier haut. D'Ofstëmmung ass schonn ofgeschloss.

(**Hilarité**)

Also 28-mol Jo, 32-mol Nee. Domat ass d'Mo-tioun ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-

lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Ro-ger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Vi-viane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an do geet et ëm de Projet de loi 6525 iwwert de Gebrauch vu Pestizide respektiv, wéi een dat op Lëtzebuergesch géif soen, Sprézmëttelen. An de Rapporteur, den honorabelen Här Gusty Graas, ass schonn am-gaangen hei unzestiermen an huet och direkt d'Wuert.

5. 6525 - Projet de loi relatif aux produits phytopharmaceutiques - transposant la directive 2009/128/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 instaurant un cadre d'action communautaire pour parvenir à une utilisation des pesticides compatible avec le développement durable; et - mettant en œuvre certaines dispositions du règlement (CE) n°1107/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 concernant la mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques et abrogeant les directives 79/117/CEE et 91/414/CEE du Conseil

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Ma-dame Minister, Här Minister, spéitstens nom Accident vun leschte 17. September bei der belscher Uertschaft Witry, wou de phytophar-mazeutesche Produit Métaazachlore an d'Baach Moyémont gelaf ass, ass jo d'Diskussioun iwwert d'Notze vun de Pestiziden erëm relan-céiert ginn. Doropshi gouf jo eng Rei Analysen, och an eise Gewässer, gemaach. An et gouf jo festgestallt, datt et, leider, eng ganz Rei Réck-stänn vu Pestiziden an diverse Gewässerleef gëtt.

Et ass awer kloer ënnerstrach ginn, datt u sech keng direkt Gefor fir d'Dränkwaasser géif be-stoen, mä den héijen Undeel vu Pestizide soll eis awer trotzdem appelléieren, fir erëm eng Kéier déi ganz Diskussioun am Fong ze féieren. An dofir ass jo dee Projet de loi vun haut u sech elo zum richtege Moment komm, well et eben haut drëms geet, fir d'Notzen an de Gebrauch vu Pestiziden nei ze reglementéieren.

Et ass e Projet de loi, dee schonn de 14. Dezember 2011 hätt missen ëmgasat ginn. Mir risquéieren also erëm eng Kéier, och vu Bréissel hei mam Ouer gezunn ze ginn, wann dee Pro-jet net esou séier wéi méiglech elo hei zrëckbe-hale gëtt, an dowéinst huet dann och eis Kom-missioun sech intensiv an deene leschte Méint mat dësem Projet de loi befaasst. An zwar si mer elo praktesch ee Joer amgaangen.

Net méi spéit wéi den 11. Januar 2014 hu mer de Projet du fir d'Éischt an eiser Kommissioun diskutéiert, dee wum fréiere Landwirtschafts-minister, dem Här Romain Schneider, den 11. Ja-nuar 2013 déposéiert gi war. Den 30. Januar 2014 gouf dann de Projet de plan d'action na-tional «pesticides» och vum Här Minister a senge Mataarbechter presentéiert, an ech wäert och hei nach eng Kéier op dee Plang do zrëckkommen.

Virun allem war et awer den éischten Avis vum Conseil d'État, deen derzou gefouert huet, datt deen originalen Text praktesch ganz op d'Kopp gestallt ginn ass. Dat war den Avis vum 4. Juni 2013, net nëmmen, well zwielef Oppositions formelles dra waren, mä virun allem awer och, well de Conseil d'État eng ganz Rei Problemer

mat Texter hat. Mir hunn als Kommissioun och deenen Awänn Rechnung gedroen a mir hunn awer och gläichzäiteg eng Rei eegen textuell Adaptatiounen virbruecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Asaz vu phytopharmazeutesche Produkter, oder Sprézmëttel op Lëtzebuergesch, wéi de President scho gesot huet, virun allem d'Pestizi-den, do muss een nämlech eng Differenz maa-chen, ass natierlech keen neie Phenomeen. D'Mënschheet gebraucht schonn zënter Jor-honnerte Pestiziden, zwar net an deem Mooss, wéi dat haut de Fall ass, mä si hunn natierlech ëmmer versicht, fir Schädlingen am Planzebau ze bekämpfen.

Et war 1962, wéi déi amerikanesch Biologin Ra-chel Carson mat hirem Buch „Silent Spring“ u sech drop higewisen huet, wat awer och d'No-deeler vun engem iwwerméissegem Notze vu Pestizide ka sinn, an dat Buch huet u sech 1972 zum Verbuert vum DDT gefouert an Amerika. Dat war een Insektizid, dee virun allem och um Ufank vum Zweete Weltkrich intensiv genotzt ginn ass.

Wann een dann d'Diskussiounen ëm de Vote vun de Projet de loi aus dem Joer 1968, méi spezifesch vum 20. Februar 1968, iwwert de Contrôle an d'Notze vu Pestiziden analyséiert, da fënnt ee ganz schnell eraus, datt sech och zu deem Zäitpunkt scho Gedanke gemaach gouf, wat awer och d'negativ Konsequenze vun engem iwwerméissegem Gebrauch vu Pesti-zide kënnen sinn. An et huet een och erausgespuert, datt och deemools déi ganz Matière awer schonn ëmstridde war.

Hei zu Lëtzebuerg ass jo dann, wéi gesot, déi aktuell Base légale d'Gesetz vum 20. Februar 1968 an de modifizéierte groussherzogleche Règlement vum 14. Dezember 1994. 2009 kounn dann um europäeschen Niveau ganz vill Bewegung an déi Diskussioun, well dann de Pestizidepak zrëckbehalen ginn ass. Dee Pak, deen huet sech engersäits zesummegeat aus dem Règlement N°1107/2009 vum Euro-päesche Parlament an dem Conseil vum 21. Oktober 2009 an der Direktiv 2009/128 vum Europäesche Parlament an dem Conseil, och vum 21. Oktober 2009. Déi europäesch Texter do, déi sinn am Fong geholl d'Basis elo vun deem Text, vun deem Projet de loi, dee mer lech haut hei presentéieren an deen och herno dann zur Ofstëmmung wäert kommen.

Et gëtt also een neie juristesche Kader elo ge-schaffen, fir eben an Zukunft dann den Émgang mat de Pestiziden oder mat de phytopharma-zeutesche Produkter nei ze regelen.

De Moment gëtt et hei zu Lëtzebuerg 530 där Produkter, déi autoriséiert sinn. Dësen Agré-ment gëtt ausgestallt op Basis vun engem Avis, dee vun enger Kommissioun festgehalen gëtt. An ech wëll och direkt hei ënnersträichen, datt d'Zesummesetzung vun där Kommissioun och duerch dëst Gesetz nei geregelt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, er-laabt mer vläicht kuerz, op déi wichtegst Punk-ten aus dësem Gesetz anzegoen. Ee grouss Gewiicht gëtt virun allem op d'Formation ge-luecht, ech mengen, eppes, wat mer alleguer nëmme kënnen begrëissen. Et ass wichteg, datt d'Akteuren déi néidegst Uleedungen kréien, wéi ee korrekt mat deenen dach gréisstendeels ge-féierleche Produkter kann ëmgoen. No dem Ofschloss vun där Formation kritt dann och all Participant en Zertifikat ausgestallt vum Land-wirtschaftsminister, deen eng Validitéit vu siwe Joer huet. Duerno kann een natierlech a soll een och natierlech eng Formation continue maachen.

Entbonne vun där Formation sinn am Fong geholl déi kleng Distributeuren, woubäi awer och den Appell virun allem un déi geet, well se jo am Fong geholl méi mat der Clientèle aus dem netberuffleche Secteur ze dinn hunn, dass se awer och do sollen déi néideg Informatiounen weiderginn an d'Notzer vun de Pestiziden drop opmierksam maachen, wat fir Geforen awer och do kënnen entstoen.

E weidere Schwiéerpunkt vun dësem Gesetzes-projet, ech war scho virun kuerz drop agaangen, ass natierlech dann den nationalen Aktionsplang, wat d'Notze vu Pestiziden ube-laangt. Dëse Plang gëtt vun dem Regierungsrot arretéiert a gëtt dann der Europäescher Kom-missioun zougestallt. Dee Plang muss och all fënnef Joer ugepasst ginn. An dat erlaabt dann och, Consultatiounen mat deene concernéierte Kreesser ze féieren.

D'Hauptobjektiver vun dësem Plang sinn na-tierlech och d'Reduktioun vun de Pestiziden, respektiv awer och op d'Risiken hiweisen, déi kënnen fir Mënsch an Ëmwelt entstoen.

Da soll dee Plang hei awer och de Bauere virun allem Uleedungen ginn, fir méi rationell mat de Pestiziden ëmzegoen an doduerch u sech och u Kompetitivitéit ze wannen. Dee Plang hei ali-gnéiert sech dann awer och op aner commu-nautaire Dispositiounen, virun allem am Waas-



serberäich. An den éischte Woche vun dem nächste Joer soll dee Plang dann, wéi gesot, hei nach eng Kéier iwwerschafft ginn. An ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, wann ech eng Motioun hei wäert presentéieren.

Ganz am Gescht vun dësem Gesetz gëtt dann och versicht, d'Schädlinge mat esou mann wéi méiglech Pestiziden an Zukunft ze bekämpfen. An da schwätze mer - vu datt dat relativ schwéier ass, op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen, dofir referéieren ech mech dann hei op de franséischen Term - vun enger „lutte intégrée contre les ennemis des cultures“. E groussherzoglecht Reglement soll dann déi betreffend Mesurë festhalen.

Da muss een natierlech hei virun allem awer och d'Kontroll vum Material ervirhiewen. D'Gesetz gesäit vir, datt an Zukunft all neit Material muss kontrolléiert ginn an dann eng Validitéit huet vu fénnef Joer. An d'Sprëtze mat deenen Utensilien, déi de Moment am Gebrauch sinn, ass nach erlaabt, mä och do muss awer eng Kontroll gemaach ginn. An de leschten Datum ass dann de 26. November 2016. Wann dee vun den Notzer net respektéiert gëtt, da gëtt och keen Zertifikat ausgestallt an dann ass u sech och de Gebrauch vun deem Material net méi zoulässg.

Ech géif dann u sech zu engem och vun de Kärpunkte vun dësem Gesetz kommen, an zwar geet et do ëm deem Helikopter, dee jo virun allem beim Sprëtzen op der Musel an de Wéngerte gebraucht gëtt. An zwar ass deen an Zukunft nëmmen nach erlaabt, wann, wéi gesot, de Minister eng speziell Autorisatioun ausstellt. Ech géif soen, dat hei ass wierklech en Novum. Et ass virun allem awer och e Punkt, deen dësem Gesetz e wichteg Stempel setzt. Dës Form vu Sprëtzen, wéi gesot, ass an Zukunft nëmmen nach erlaabt, wa wierklech kann nogewise ginn, datt déi Form u sech manner risikoräich ass wéi déi klassesch Form, déi dann normalerweis an de Wéngerten och gebraucht gëtt.

De Minister definéiert dann och ganz kloer d'Mesuren (veuillez lire: d'Konditionnen), ënnert deenen d'Sprëtze mam Helikopter nach därfer erlaabt sinn. A wat ganz wichteg ass och an deem Kontext, dat sinn d'Informatiounen, déi un d'Bierger hei erausginn, engersäits un déi Leit, déi direkt un de Wéngerte wunnen, anerersäits awer och un d'Passanten, datt déi awer fréizäitig informéiert ginn, weini wat wou gesprëtzt gëtt. An dat bréngt mat Sécherheet och eng positiv Entwécklung fir u sech de biologeschen Ubau vu Wéngerte mat sech.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo och gewosst, an ech hunn am Ufank schonn drop higewisen, datt jo virun allem eis Gewässer ënner enger iwwerméissiger Notzung vu Pestiziden ze leiden hunn. Et si ganz vill Analysen, déi dat gewisen hunn. A wann Der mat Spezialiste schwätzt, dann hu mer och leider grouss Problemer mam Grondwaasser hei zu Lëtzebuerg, well eist Grondwaasser och dach ganz vill Tracé vu Pestiziden opweist.

Duerfir sollen an engem groussherzogleche Reglement elo Zonen ausgewise ginn, wou dann, wéi gesot, besonnesch op sensible Gebidder den Asaz vu Pestiziden ageschränkt oder souguer och ka verbuede ginn. Beruff gëtt sech do virun allem op dann zwee wichteg Gesetzer: engersäits dat modifizéiert Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 an anerersäits och dat modifizéiert Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004. Iwwregens kann een en passant och hei soen, datt d'Waasserverwaltung schonn amgaangen ass de Moment, eng Rei vun esou Zonen a Quellschutzgebiddern auszeweisen.

E wichtegt neit Element ass dann awer och, wéi mer an Zukunft mat den Espace-publicken ëmginn. An do wëll ech och direkt alle Gemengevertrieder hei een Datum an Erënnung bréngen, an zwar den 1. Januar 2016 ass et nämlech verbueden, fir an den Espaces publics nach Pestiziden ze notzen.

Bon, wat heescht elo Espaces publics? Do falen natierlech virun allem Spillplazen drënner, Parkanlagen, awer och Kierfechter. Ech ginn och gären zou, dat war ee vun de Punkten, iwwert déi mer e bësse méi, net haart, mä awer e bësse méi kontrovers mateneen diskutéiert hunn, mä schlussendlech, an ech wëll dat och hei ënnersträichen, och d'Kierfechter falen drënner, well mer jo wëssen, datt et jo awer ganz vill Leit ginn, déi virun allem drop halen, datt um Kierfecht nach ëmmer kënnen Onkrautvertilgungsmëttel agesat ginn. Wéi gesot, nach eng Kéier, den 1. Januar 2016 ass dat dann awer definitiv eriwuer.

Dann de Service vum Planzeschutz vun der ASTA, dee berechent dann an der Zukunft Indicateure vun harmoniséierte Risiken an analyséiert och Tendenze fir Produkter, déi en negativen Impakt op eis Ëmwelt hunn. Ech mengen, och dat ass eng ganz wichteg Aufgab fir d'Zukunft, wou mer dann erausliese kënnen, wat fir

Produkter u sech dann awer déi gréissten negativ Konsequenze fir eis Ëmwelt an och fir d'Gesondheet vum Mënsch hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och an de Medie soll an Zukunft manner iwwert de Gebrauch vu Pestizide Rieds goen. An zwar gëtt dat an deem Sënn ageschränkt, datt u sech Reklamme fir déi Produkter nach just därfer an professionellen Zeitunge gemaach ginn. Datselwecht gëllt och fir Enseigen, déi net méi einfach däreffe queesch duerch d'Welt opgehaange ginn, mä och do gëtt dat limitéiert op spezialiséiert Lokalitéiten, wéi zum Beispill Stockageplazen oder, wéi gesot, Point-de-venten.

An och de Gesondheetsminister kritt en Optrag an deem Gesetz, an zwar, fir u sech all déi Informatiounen iwwert déi negativ Konsequenzen erausbréngen, datt déi sollen opgeléicht ginn an engem Tableau an datt déi och sollen dee Moment zur Verfügung stoen, aus deenen een dann och kann erausliesen, wéi an Zukunft u sech muss gehandelt ginn, wann nei Produkter respektiv geféierlech Produkter um Maart sinn.

Duerch d'Ëmsetzung vun dem Reglement CE 1107/2009 ginn dann nach eng Rei aner Moossnamen an dëst Gesetz integréiert, op déi ech elo net am Detail aginn, wéi zum Beispill d'Zouloosungskritäre fir Produkter, d'Recherche an dann och d'Obligatioun fir de Service de la protection des végétaux vun der ASTA, gewëssen Informatiounen natierlech och der Effentlechkeet zougänglech ze maachen, an och schlussendlech, wat den Etiquetage an och den Emballage ubelaangt.

Wa mer natierlech elo hei e Gesetz stëmmen, mat enger ganzer Rei vun Dispositiounen a mat enger ganzer Rei vun Obligatiounen, da stellt sech natierlech automatesch d'Fro: Jo, wéi geschitt dann elo och de Contrôle? Et ass evident. Mir kënnen déi flottsten an déi beschte Gesetzer hunn: Wann net e gewësse Contrôle fonctionnéiert, dann hunn déi Texter och net ganz vill Sënn. Dofir gëtt och an deem Gesetz hei, wéi gesot, dem Contrôle e gewësse Fräiraum reservéiert. Et ass eng ganz Rei vu Kontroll- a Sanktionsregimer festgehalen. Et sinn eng ganz Rei och vu Statsfonctionnären, déi d'Recht kréien, déi Kontrollen duerchféieren. Da kréien och d'Polizisten d'Méiglechkeet, Dag an Nuecht och an d'Lokalitéiten eranzegoen. Den Accès ass hinnen also garantéiert. Ech wëll awer hei direkt betounen, datt net einfach esou e Fonctionnaire dat Recht kritt, mä e muss sech schonn enger spezieller Formatioun och ënnerwerfen.

An dann och de Landwirtschaftsminister kritt an deem Gesetz hei eng Rei administrativ Sanktionsméiglechkeeten. Zum Beispill kann en en Avertissement ausstellen. E kann een Délai festhalen, an deem en Dépôt oder soss iergendeng Dispositioun, wou en Handel ass mat Pestiziden, wou dee sech muss dem Gesetz conforméieren, a wann dann deen Délai net respektéiert gëtt, da kann e souguer eng Suspensioun respektiv souguer eng Fermeture vun engem Point de vente oder, wéi gesot, engem Stockage aussprieche.

Natierlech sinn och penal Strofe virgesinn an deem Gesetz, an zwar geet dat vun aacht Deeg bis dräi Joer Prisong. Ech mengen, eleng dat ënnersträicht jo awer och de Wëlle vum Législateur, fir op d'Wichtigkeet vun där ganzer Problematik hei hinzewiesen. An et ginn och Geldstrofen oder et kënnen Geldstrofe vun 251 bis 250.000 Euro ausgesprach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Gesetz sinn dann och dräi Annexen integréiert. An där éischter geet et ëm d'Formatioun, op déi ech jo schonn agaange sinn. Déi zweet behandelt dann d'Kontroll vum Material. An déi drëtt hält dann d'Prinzipie fest fir déi integréiert Lutte géint d'Kulturschädlingen - elo hunn ech da versicht, awer emol dat weinstens hallef op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen. Virun allem, wéi gesot, an där drëtter Annexe gëtt awer den Akzent op déi méi biologesch Manéier gesat, wéi an Zukunft kann awer och eng Landwirtschaft gemaach ginn a wou versicht gëtt och, esou vill wéi méiglech eng Reduzéierung vu Spréitzmëttelen unzestriewen.

Et ass evident, wann ee vun deene villen neie Moossnamen an deem Gesetz hei diskutéiert, ech hunn och schonn op den Aspekt vun de Kontrollen higewisen, kënn een automatesch natierlech zur Konklusioun, datt awer och déi zoustänneg Verwaltungen müssen dann awer och équipéiert gi mat deem néidege Personal, fir ebe kënnen dann dat Gesetz hei an der Praxis ëmzesetzen. An dowéinst ass da virgesinn, datt eng Opstockung vum Personal bei der ASTA virgeholl gëtt.

Ech wëll dann awer och nach kuerz op déi eenzel Avisen agoen. D'Chambre des Métiers huet de Projet an hirem Avis vum 10. Januar 2014 begréisst. D'Chambre de Commerce vermësst dann an hirem Avis, dee vum 14. Januar 2014

ass, eng Fiche financière. D'Chambre des Salariés interesséiert sech an hirem Dokument, wat den Datum vum 6. Februar 2014 dréit, virun allem un der Formatioun. An och d'Chambre de l'Agriculture huet een interessanten Avis virgeluecht, deen datéiert vum 21. Mee, a si hunn u sech do e verbesserten oder en nach méi staarken Dialog verlaangt, wat, wéi gesot, d'Opstellung vun dem Plan national ubelaangt.

De Conseil d'État, op deen ech schonn agaange war, hat jo, wéi gesot, a sengem éischten Avis net nëmmen zwielef Oppositions formelles ausgeschwat, mä hat awer virun allem och d'Propos gemaach, fir dee Gesetzesprojet hei an zwee verschidde Gesetzesprojeten opzedeelen. D'Kommissioun war do anerer Meinung an huet hei net am Fong geholl dann de Conseil d'État a senger Proposition suivéiert.

Et kum selbstverständlech en Avis complémentaire vum Statsrot, vu datt mer jo, wéi gesot, déi sëllegen Oppositions formelles haten; dee krute mer de 7. Oktober 2014, wou nach eng Kéier eng Opposition formelle dra war. Mä där hu mer awer du Rechnung gedroen, soudatt mer do konnten, wéi gesot, den Text definitiv finaliséieren.

Vläicht zum Schluss och nach e Wuert iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun, wou ech och vun der Geleeënheet da wëll profitéieren, fir alle Spriecher, alle Membere vun der Kommissioun e Merci auszesprieche. Ech mengen, et waren zum Deel, wat ganz gutt a ganz berechtigt ass, kontrovers Diskussiounen, awer ganz korrekt Diskussiounen a gutt a flott Bäitrag, aus deene jo mat Sécherheet och déi eng oder déi aner Iddi an dat Gesetz hei agefloss ass. Mir hunn eis natierlech do mat enger Panoplie vun Detailler auserneeegesat. Ech wëll just op e puer Punkten agoen. Natierlech, den nationalen Aktionsplang stoung praktesch all Kéiers um Ordre du jour. Natierlech hu mer och iwwer Waasserschutz a Pestizidgebrauch geschwat. Ech mengen, dat ass nun eben e Spannungsfeld, wat eis einfach muss ëmmer erëm interpelléieren.

Dann hu mer awer och op déi gutt Zesummenaarbecht de Moment higewisen, déi besteet zwëschen der ASTA an der Waasserverwaltung. An natierlech den Asaz vum Helikopter, wéi kann et aneschtens sinn, ass natierlech och mat enger gewëssener positiver, soen ech, Vehemenz do diskutéiert ginn.

En anert Thema waren awer och d'Kontraveniounen, déi de Moment gesprach ginn op Basis vun der bestehender Gesetzgebung. Interessant ass vläicht do eng Statistik. De Moment gi plus ou moins 200 Kontrollen am Joer duerchgefouert, wou da 60 bis 70 Fäll sanktionéiert gi sinn, a gréisstendeels geet et ëm en ze vill héijen Dosage, deen da vun deene verschiddegen Utilisateuren do gebraucht gëtt.

Mäi Merci zum Schluss geet awer och nach virun allem un d'Beamten aus dem Landwirtschaftsministerium an och aus deene verschiddegen Verwaltungen, mat deenen eng ganz gutt Zesummenaarbecht war. Ech wëll och dem Christian Lamesch hei aus der DP-Fraktioun Merci soen. Och Merci eisem Sekretär vun der Landwirtschaftskommissioun, dem Timon Oesch. Mir stëmmen haut ouni Zweifel e Gesetz, wat den Asaz vu géftege Spréitzmëttelen an Zukunft méi a Fro stellt. An dofir wier ech och frou, wann Der géift deem Text Är Zoustëmmung ginn.

Ech profitéieren allerdéngs och nach vun der Geleeënheet, fir eng Motioun hei ze déposéieren am Numm vum Henri Kox a vum Frank Arndt. Ganz kuerz: Ech mengen, déi Motioun huet de Moment dräi Ënnerschrëften. Selbstverständlech sinn och nach all aner Ënnerschrëfte wëllkomm. Et geet do virun allem drëm, fir eben d'Regierung opzufuerderen, fir an deene beschtméiglechen Délaien de Règlement grand-ducal ze huelen, deen am Paragraph 6 vum Artikel 14 virgesinn ass. Do geet et virun allem drëms, fir Kritäre festzehalen, inwiefern datt natierlech och all déi concernéiert Organisatiounen bei der Ausaarbechtung vun dem Plan d'action national kënnen deelhuelen.

Dann eng aner Opfuerderung - wéi kann et och aneschtens sinn? -, datt dee Plan d'action national, datt deen am éischten Trimester vum nächste Joer dann elo definitiv soll finaliséiert ginn an datt en, wéi gesot, och virun allem awer sech dorobber axéiert, wéi mer an Zukunft kënnen manner Pestiziden, manner Spréitzmëttelen benotzen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *saluant le fait de disposer par le biais de la loi relative aux produits phytopharmaceutiques d'une base légale pour pouvoir agir efficacement sur le terrain;*

- *considérant que l'eau potable est une des ressources les plus importantes qui vaut d'être pré-*

servée avec tous moyens;

- *rappelant que l'article 14 du projet de loi sous rubrique oblige le Gouvernement à adopter, après consultation des acteurs et du public, conformément à la procédure prévue au paragraphe 6, un plan d'action national pour fixer des objectifs quantitatifs, des cibles, des mesures et des calendriers en vue de réduire les risques et les effets de l'utilisation des produits phytopharmaceutiques sur la santé humaine et animale et l'environnement et d'encourager l'élaboration et l'introduction de la lutte intégrée contre les ennemis des cultures et de méthodes ou de techniques de substitution, telles que l'agriculture biologique ou les autres moyens non chimiques alternatifs aux produits phytopharmaceutiques, en vue de réduire la dépendance à l'égard de l'utilisation des produits phytopharmaceutiques;*

- *constatant que le paragraphe 6 de l'article 14 prévoit l'élaboration d'un règlement grand-ducal qui précise les différentes étapes de cette procédure de participation du public et les délais respectifs, les modalités de l'information du public sur le plan d'action et son élaboration, y compris la procédure de participation, les moyens de communication utilisés et les modalités selon lesquelles les questions et observations du public peuvent être soumises;*

- *persuadée que les conséquences de la contamination du lac de la Haute-Sûre ainsi que les résultats préoccupants des analyses effectuées dans d'autres sources d'eau potable ne font que renforcer la nécessité d'élaborer un ambitieux plan d'action national pour le Luxembourg;*

invite le Gouvernement

- *à adopter dans les plus brefs délais le règlement grand-ducal dont question au paragraphe 6 de l'article 14 du présent projet de loi;*

- *à adapter en conséquence le plan d'action national pour le Luxembourg durant le premier trimestre de l'année 2015 en prenant en compte les recommandations et observations pertinentes issues de la première consultation des acteurs et de la société civile;*

- *à veiller à ce que le plan d'action national prenne en compte le fait que l'utilisation de produits phytopharmaceutiques de manière excessive, inadaptée ou sur des surfaces sensibles présente un risque non seulement pour les eaux souterraines utilisées comme eau potable mais pour l'ensemble des ressources hydriques;*

- *à encourager l'élaboration et l'introduction de la lutte intégrée contre les ennemis des cultures et de méthodes ou de techniques de substitution, telles que l'agriculture biologique ou les autres moyens non chimiques alternatifs aux produits phytopharmaceutiques, en vue de réduire la dépendance à l'égard de l'utilisation des produits phytopharmaceutiques;*

- *à étudier la mise en place d'une réglementation plus stricte des produits disponibles librement;*

- *à sensibiliser les utilisateurs, aussi bien professionnels que privés, quant aux risques de l'utilisation de produits phytopharmaceutiques;*

- *à créer un centre de compétence pour le conseil agricole intégré.*

(s.) Gusty Graas, Gérard Anzia, Frank Arndt.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot, nach eng Kéier: Et ass e ganz wichtegt Gesetz. Net nëmmen am Interesse vun der Ëmwelt a vun der Natur, mä, ech mengen, et ass och e Gesetz am Interesse vun der Gesondheet vun eis allegeren. An, wéi gesot, nach eng Kéier: Dowéinst wier ech frou, wann Der géift deem Text hei Är Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Ech wär frou, wann Der mer d'Motioun och géift ginn. Villmools Merci. A si läit op fir weider Ënnerschrëften, wann dat gewënscht ass. Villmools Merci.

Ech géif dann d'Wuert weiderginn un déi éischt Riednerin, d'Madame Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ier ech zum Projet de loi 6525 iwwert d'Produits phytopharmaceutiques ze schwätze kommen, wëll ech fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Här Gusty Graas, villmools Merci soen, deen eis d'Problematik ausféierlech erkläert huet, deen eis d'Gesetz erkläert huet an deen och op d'Actualitéit vum Sujet higewisen huet.

Ech wäert de Beräich vum Wäibau ausschléissen, deen iwwerhëlt d'Octavie Modert.

De Planzeschutz am wäite Sënn begräift alleguer d'Beméiungen, fir Schued an doduerch



Ertragsabaisse bei de Kulturpflanzen ze verhënnere. Heizou gehéiert d'Zortewahl, d'Fruchtfolleg, awer och de chemeschen, de biologeschen, den thermeschen an de mechanesche Planzeschutz.

Weltwäite Schätzungen no verléiere mer am Moment nach ëmmer 35% vum méiglechen Ertrag vum Weess an 51% vum méiglechen Ertrag vum Râis duerch iergendeng Schuedorganismen, sief dat Viren, Bakterien, Pilzer, Nematoden, Insekten an esou weider.

A Bezuch op d'Sécherung vun der Welternährung huet de Planzeschutz deemno och eng besonnesch Bedeitung. Awer ee falschen Asaz vu phytopharmazeutesche Produkter biergt eng ganz Partie vu Risiken a Geforen a sech. Duerfir ass et wichteg, och an dësem Beräich kloer Regeln ze schafen. An deem Sënn begreisst d'CSV natierlech, datt déi europäesch Direktiv och elo soll an nationaalt Recht ëmgesat ginn.

Fir de falschen Asaz vu phytopharmazeutesche Mëttelen ze verhënnere, gesäit dëse Projet de loi, esou wéi et och an der Direktiv virgesinn ass, eng obligatoresch Formation vir. Dës Formation ass obligatoresch fir all déi professionell Benotzer a fir den Handel, deen un de Beruff verkeeft. Dëst ass och gutt esou. Et muss een allerdéngs oppassen, datt dës Formation eischtens praxisno ass, zweetens op de Public cible higericht ass an drëtens, datt déi Leit, déi en Ofschloss am Beräich vun der Landwirtschaft, vum Gaardebau, vum Wäibau hunn, wou dësen Thema schonn ausféierlech behandelt ginn ass, datt dës Leit de Certificat automatesch mat hirem Ofschlossdiplom kréien.

Wat de Verkaf ugeet, do hunn ech allerdéngs eng Partie Froen. De Projet de loi gesäit vir, datt d'Distributeuren „un nombre suffisant“ vu Leit, déi ee Certificat hunn, mussen beschäftegen an datt dës Leit zum Zäitpunkt vum Verkaf mussen disponibel sinn. Ech froe mech: Wat heescht hei „nombre suffisant“?

D'Micro-distributeur brauche keng Formation ze maachen, mussen awer, genausou wéi déi méi grouss Distributeuren, hir Clientèle opmierksam maachen op d'Risiken. Wéi muss dat gemaach ginn? Geet hei d'Gebrauchsanweisung duer, déi bei de Mëttelen ass? Wäre et hei net bal nach méi wichteg wéi bei de Professionellen, fir Leit am Buttek ze hunn, déi kéinte beroden?

Den Artikel 7 vum Projet de loi beschreift de fachgerechten Asaz vun de Produits phytopharmaceutiques. Ënner anerem steet hei geschriwwen, datt ee fachgerechten Asaz géif bedeuten, datt een „principes de bonnes pratiques phytosanitaires“ géif berücksichtegen.

De Conseil d'État hat beim Artikel 20 iwwert d'Sanctions pénales gefuerdert, datt dës Prinzipie misste méi genau beschriwwen ginn, oder se misste ganz aus dem Artikel gestrach ginn. Als CSV bedauere mer d'Décision, fir dës Prinzipien elo net méi am Gesetz genau ze beschriwwen. Dat soll elo ee weidere Règlement grand-ducal maachen.

Den Här Minister Etgen hat als Erklärung gesot, dës Prinzipie wäert mat enger schéiner Fra ze vergläichen.

► **Une voix.** - Ouh?

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech hunn dat verhalen, well ech de Verglach net direkt verstanen hat. Wann ech d'Erklärung awer richteg verstanen hunn, da wollt den Här Minister soen, datt dëst eng ganz subjektiv Saach wär, wat een net esou kéint definéieren.

Dozou wëll ech awer zwou Saache soen: Och wat d'Schëinheet vun enger Fra oder engem Mann ugeet, do ginn et a mengen Aen eng Partie objektiv Kritären. An där Kritäre ginn et sécher och beim Principe de bonne pratique am Beräich phytosanitaire. An, wann een dës Kritäre kann an engem Règlement grand-ducal festhalen, dann hätt dat och missen am Gesetz méiglech sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Een zousätzleche Règlement grand-ducal soll beschreiwwen, wéi datt d'Promotion vun engem Planzeschutz mat méiglechst klengem Asaz vu chemesche Planzeschutzmëttelen soll gemaach ginn. Am Artikel 7 steet dann och geschriwwen, datt dëst soll virun allem duerch d'Promotion vun integréierter Planzeschutz an duerch déi biologesch Landwirtschaft geschéien.

Ech fannen dës Formulierung e bësse komesch, well mer hei op där enger Säit vun enger Aart vu Planzeschutz schwätzen, an op där anerer Säit vun enger Form vu Landwirtschaft, wou jo awer och Planzeschutz be-

drifft gëtt. Wäre et hei net méi richteg gewiescht ze schreiwen: d'Promotion vum integréierter Planzeschutz? Dee Prinzip kann ee jo och op déi am Biolandbau agesate Mëttelen, ganz dacks op Koffer- a Schwefelbasis, iwwerdroen an d'Promotion vum mechanesche Planzeschutz, zum Beispill Kappen, vum thermesche Planzeschutz, vum biologesche Planzeschutz an esou weider.

D'Gesetz gesäit da regelméisseg Inspektiounen vum Material, fir Planzeschutzmëttelen auszebréngen, vir. Och dëst ass sënnavoll an ass awer näischt Neies. Am Kader vun der Landwirtschaftsfliegerprim hunn och bis elo all dräi Joer dës Maschinnen, d'Feldsprëtzen, misse kontrolléiert ginn. Wat awer nei ass, dat ass, datt d'Reckesprëtz och elo muss kontrolléiert ginn. An, wat e bësse komesch ass, just déi vun de Professionellen an net déi vun de Privatleut!

Hei stelle sech allerdéngs fir mech erëm eng Partie Froen. Wie kann da besser mat esou enger Sprëtz ëmgoen: den haaptberuffleche Bauer, Gärtner, Wénzer oder de Privatmann oder -Fra, déi hire Virgäertchen gären onkrautfräi hätten? Wann ee sech also dofir decidéiert, fir och dës Kontrollen ze maachen, da missten déi bei alle Sprëtzen gemaach ginn.

Op där anerer Säit muss een awer och gesinn, datt ee bei der Réckesprëtz vill méi kann duerch eng falsch Handhabung schlecht maachen, wéi duerch eng Düs, déi falsch agestallt ass. Wann ech dräi Minutten d'Düs oder d'Flësegkeet op eng Plaz lafe loossen, well ech et vläicht wëll extra gutt maachen, oder well ech keng Ahnung hunn, oder well ech e bësse potere mam Noper oder well ech eng SMS schreiwen, dann ass eng falsch agestallten Düs nach dee klengste Problem!

An deem Kontext wëll ech gär vum Här Minister wëssen, wéi vill Réckesprëtzen, datt si mengen...

(*Interruption par M. Eugène Berger*)

► **Une voix.** - Oh, wéi aarmséileg!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Wollt den Här Berger eppes soen?

► **Une deuxième voix.** - Neen, hien huet zurzäit en Dossier ausgedeelt kritt.

► **Une autre voix.** - Neen, hie kennt näischt dovun!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - An deem Sënn...

(*Interruptions diverses*)

An deem Sënn an an deem Kontext, wëll ech gär vum Minister wëssen, wéi vill Réckesprëtzen, datt si mengen, datt bei de Baueren, Gärtner a Wénzer op de Betriber wäeren? An ob och d'Informationen do sinn, wéi vill där Sprëtzen bei de Privatleut sinn? Wéi vill zousätzlechen Aarbechtspowand bréngen dës Kontrolle mat sech? D'europäesch Richtlinn hätt d'Méiglechkeet geloos, fir dëst Material net mussen ze inspizéieren. Ass dësen zousätzlechen Opwand wierklech sënnavoll?

De Projet de loi gesäit vir, datt speziell Mesuren, Aschränkungen oder och e Verbuet vu phytopharmazeutesche Mëttelen solle festgehalen ginn an Drénkwaasseranzuchsgebiddern an och a soss spezifischen Zonen, déi fir de grand Public op sinn. D'Detailer sollen an engem Règlement grand-ducal festgehalen ginn. Leider ass och dëse Règlement grand-ducal der Kommission net bekannt. A wéi Der wësst - der Teufel liegt im Detail -, d'Bandbreit vun deem, wat ka festgehalen ginn, ass immens grouss. Dofir ass et schwéier, ech géif souguer bal mengen onméiglech, fir dës wichtege Punkt ze beuerteelen.

Ech wëll zum Beispill gäre vum Här Minister Etgen wëssen, wat fir Bestëmmunge virgesi si fir d'Waasserschutzzonen, wa se dann elo geschwënn ausgewise sinn? Ginn Är Iwwerleeunge méi a Richtung vun enger positiver Förderung vu villfältege Fruchtfolgen, vu reduziierter Düngung, vun Erosionsschutzmoossnamen, vu Verbuet vu ganz problematesche Wirkstoffen, vum Ausbau vun den Agrarëmweltprogrammen, gekoppelt mat enger deemtenspriechender Entscheedegung, oder iwwerleet Der éischer iwwer ee Verbuet vu Kulturen, esou wéi een dat och schonn emol héieren huet? A mengen Aen, sécher net sënnavoll.

Et muss generell méi ee groussen Ureiz geschafe gi fir waasserschounend Bewirtschaftungsmethoden. Hei muss och d'Berodung an deem Beräich gestärkt ginn.

Meng Fro, nach eng Kéier un den Här Minister: Ginn hei zousätzlech Moyene fir d'Berodung virgesinn?

Da kommen ech zum nationalen Aktionsplang. Hie verfollegt als Haaptziler d'Reduzierung vunde Risike fir déi mënschlech Gesondheet a fir d'Ëmwelt an zousätzlech d'Promotion fir ee sécheren a rationellen Asaz vun

de Produits phytopharmaceutiques. An der Kommission hu mer am Januar an am Februar iwwert d'Version vum 16. August 2013 diskutéiert. Den Här Minister Etgen huet eis do gesot, datt no Consultatiounen mam Environnement nach Ännerunge géife gemaach ginn. Mir haten du gefrot, ob d'Landwirtschaftskammer géif iwwert dës Ännerungen informéiert ginn, well schonns am Avis vum 21. Mee huet d'Landwirtschaftskammer bemängelt, datt se net weider agebonne gi si beim Ausschaffe vum Plan d'action national.

Allerdéngs ass weder d'Kommission nach d'Landwirtschaftskammer iwwert dës gemaachten oder geplangten Ännerungen informéiert ginn. Fir d'Consultation publique am Summer stoung dunn och nach ëmmer d'Version vum August 2013 um Site vum Ministère. D'Madame Dieschbourg sot awer ëfters, si géifen un den Ännerungen vum Plan d'action national schaffen.

Ech froen dann: Wou sinn dann déi ugekënnegte Ännerungen? Ech wëll op dëser Plaz dovunner profitéieren, fir nach eemol drop hinczewiesen, datt et immens wichteg ass, absolut erfuorderlech ass, fir dës Bestëmmungen zesumme mat de Leit vum Terrain duerchzediskutéieren. Mir schwätze vill iwwert d'Participatiounskultur: Och bei der Landwirtschaft, dem Gaardebau, dem Wäibau ass dëst wichteg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Heemlechtsueren fërdert d'Vetraue vum Secteur sécher net, mä schafft éischer Mësstrauen. Bis Ufank Oktober war dunn Zäit, fir ze reklaméieren am Kader vun der Consultation publique. Dës Reklamatiounen sollte public gemaach ginn, se sinn et awer nach net. Mir hunn den 8. November an der Kommission gefrot, fir iwwert d'Resultater vun der Consultation publique informéiert kënne ze ginn. Den Här Minister Etgen sot eis, datt hien dat le moment venu géif maachen. Ech wëll gäre wëssen, weini datt dee Moment do ass. Mir hätten et sécher begreisst, fir dës Informatiounen virum heitegen Termin ze hunn.

De Projet de loi gesäit, esou wéi den Här Rapporteur et gesot huet, natierlech och Kontrollen a Strofe vir, falls sech net un d'Bestëmmunge gehale gëtt. Wat jo och nëmmen normal ass. Mä wie mécht iwwerhaupt déi Kontrollen?

Dir Dammen an Dir Hären, um Ufank waren aacht Administratiounen a Services virgesinn. Dunn huet d'Ëmweltverwaltung och nach no gefrot. Elo sinn et da schlussendlech néng Verwaltungen a Services, déi kënne Kontrolle maachen. Ech weess net, ob et een anere Beräich gëtt, wou Leit aus esou ville Verwaltungen, vum Ingénieur technicien bis zum Direkter hin, Kontrolle kënne maachen! Wichteg ass op jidde Fall, datt dës Leit eng anstänneg Formation an dësem Beräich kréien an datt dës Formation och regelméisseg un d'Aktualitéiten ugepasst gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetz stinn nach ganz vill Froen op, Froen, déi an de Règlements grand-ducaux solle gekläert ginn. Et si Règlements grand-ducaux virgesinn, ech zielen der just e puer op: fir Mesurë festzehalen, wéi datt den integréierter Planzeschutz soll promouvéiert ginn, fir Mesurë festzehalen, fir den Asaz vu Pestiziden anzuschranken oder ze verbidnen a spezifischen Zonen; fir Mesurë festzehalen fir d'Waasserschutz- an d'Waasseranzuchsgebiddern; fir d'Organisatioun vun der Formation; fir déi konkret Bestëmmunge beim Verkaf; fir d'Principes de bonnes pratiques an esou weider. Also ech mengen, et sinn der eelef oder zwielef.

Dës Règlements grand-ducaux, et sinn der eng Partie, si leider nach net ausgeschafft, zumindest leie se der Kommission nach net vir, wat awer am Sënn vun der Transparenz erfuorderlech gewiescht wier. Si sinn ausschlaggebend fir d'Ëmsetzung an domadder och fir déi méiglech Konsequenze vum Gesetz. Ouni dës Règlements grand-ducaux, oui den iwwerschaffte Plan d'action national, ass dëse Projet de loi eng Virwëtz. An eng Virwëtz ass eng schlecht Basis fir ee Gesetz! Dofir wäerte mir als CSV eis bei dësem Vote enthalten.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Hansen. Nächste Riedner ass den Här Edy Mertens.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll fir d'Alleréischt d'Geleeënheet notzen, fir dem Rapporteur, dem Gusty Graas, ee grouesse Merci ze soe fir säi prezise schrëttlechen an och mëndleche Rapport. Dofir wëll ech hei och elo net op all Detail vum Inhalt vum Gesetzesprojekt agoen, well de Rapporteur huet dat jo relativ, fir net ze soen, ganz detailléiert gemaach.

Am Numm vun der DP-Fraktioun sinn ech frou, datt deen immens wichtege Projet eis hei end-

lech zum Vote virläit. Et ass nämlech wichteg, datt mer eng Base légale kréien, déi festhält, wéi déi phytopharmazeutesch Mëttelen richteg sollen ugewannt ginn a sécherstellen, datt och d'Utilisateuren geschützt sinn. Dës Base légale ass awer och néideg, fir datt mer elo kënne de Plan d'action national an d'Liewe ruffen, fir zum Beispill, wéi elo grad gesot, ze definéieren, wéi d'Formationen ausgesäit fir den neie Sprëtzipass, a wat fir alternativ Mëttelen et dann och ginn.

Ech mengen, déi leschte Kéier hate mer hei am Parlament duerno d'Beienziichter héieren, wou Problemer mat Produite sinn, déi och hoffen, do kënne festgeluecht ze kréien, wat fir Produiten da viru vläicht an der EU gespaart sinn, fir d'Beien ze schützen. Wou jo dräi Produite bekannt waren, déi do zu Schwieregkeete gefouert hunn, wou et zu engem allgemenge Beiestierwe komm ass.

Ech si frou, datt mer d'Gesetz wahrscheinlech stëmme wäerten, ier d'Europäesch Kommission eis eng Strof operleet. Erënnert lech just nach un de Retard bei de Kläranlagen, wou mer elo nach all Dag mussen nobezuelen!

Ech wëll lech virun allem soen, datt d'Haaptzil vun dësem Gesetz ass, d'Déieren, d'Natur an d'Ëmwelt, mä och de Mënsch besser virun deene geféierleche Geféier ze schützen, déi kënnen an dee Planzeschutzmëttelen enthalen sinn an déi Schued urichte kéinten, wann dës net richteg manipuléiert ginn.

Et ass wichteg, datt een, dee mat deem Produkt ëmgeet - dat muss net onbedéngt de Bauer sinn, dat ka jo och de Verkeefer sinn, dat kann de Gärtner sinn, den Hobbygärtner an esou virun -, datt dee weess, wéi een dee Produkt richteg doséiert, wéi en ugewannt gëtt oder, wéi grad gesot ginn ass, wann ee mat der Handsprëtz ënnerwee ass, wéi d'Düse mussen agestallt ginn - ech mengen, dat sinn alles ultratechnesch Problemer, wou ech sécher net de Fachmann sinn, mä dat stëmmt awer ganz genau -, wéi et dann awer och stockéiert gëtt a wéi d'Material ënnerhale muss ginn, fir datt keng ka schifgoen.

Well, wann eng Kéier eppes schifgeet, wéi dat dëse Summer jo dann an der Belsch passéiert war, an den Här Graas huet drop higewisen, da kann dat dozou féieren, datt mer kee Waasser méi aus deem gréissten Drénkwaasserreservoir, eise Stauséi, kënne un d'Leit ausliwweren. Weinst deem Incident goufen do Kontrolle vun eisen Drénkwaasserquelle gemaach an et huet sech erausgestallt, eng jett vun dësen waren op d'mannst mat engem Pestizid oder Pestizidréckstänn belascht. Bei verschiddene Quelle si souguer Mesuren néideg gewiescht, fir d'Drénkwaasserqualitéit erëm hierzestellen.

Dir gesitt, wéi wichteg et ass, datt et an dem Domän vum Waasserschutz kloer Gesetzer gëtt. An dësem Projet de loi wäert dozou bäidroen, d'Qualitéit vun eise Grondwaasser sécher ze verbesseren a vu Geféier fräi ze kréien. Wat déi Geféier dem Mënsch kënne undinn, doru weess ech mech nach ze erënneren, jiddefalls an der Ëmweltmedezin, wat dat Ganzt bedeit.

Ech wëll emol kuerz op déi sougenannte Planzeschutzmëttelen oder Pestiziden zrëckkommen, iwwert déi villen geschriwwen gëtt, et gouf och vill driwwer geschwat hei, wou Der dat Bekanntest kennt, wat wierklech Schlagzeile gemaach hat, dat ass dee berühmten DDT, den Dichlorodiphényltrichloroethane. Fir déi, déi et interesséiert: Ech kritt nämlech dowéinst an der Biologie eng Ongenügend an do hat ech et souguer nuets ausweneg géleiert. Dofir verhalen ech dat mäi Liewe laang!

Dat ass dat schlëmmt Mëttel, jo, dat ass nämlech esou, datt dat sech dann iwwerall agebaut hat. Et ass beim Mënsch an d'Fettgewebe agelagert ginn, an der Mëlz agelagert, an der Liewer, an de Muskelen, am Hærmuskel, et huet ënner anerem d'Nerve geschiedegt, a wat nach alles passéiert ass. Et brauch ënner anerem zéng Joer, ier dat Mëttel zu 50% ofgebaut ass. Et ass an d'Waasser komm. De Plankton hat domat ze dinn, d'Fësch haten domat ze dinn. Dat war esou e Cercle vicieux, wou mer frou sinn, datt dat elo eriwwe ass.

An ech muss wierklech erstaunt soen, dass ech deslescht an enger Fachzäitschrëft eppes gelies hat, do hat dann ee sech getraut ze soen, den DDT wier awer vläicht net esou schlëmmt gewiescht, wann een dat alles kuckt, wéi dat haut esou gemaach gëtt. Natierlech, et war e wonnerbaart Mëttel. An do gesäit een, wéi mir Leit sinn. Dat heescht, et war en herrlecht Mëttel: Du sprëtz et dorëmmer an näischt plot dech méi, keng Moustique méi, keng Mecke méi, keng Vire méi a guer näischt. An da kënnt dann nach just vläicht eng Planz do, wann déi net och nach geschiedegt gëtt. Mä déi Zäite sinn eriwwe. Dat kann et net sinn!

Haut muss mer awer och nach virsiichteg sinn. Et gëtt natierlech Zouloosungsverfahren, déi duerch an duerch ganz laang daueren, wann e Planzeschutzmëttel op de Maart kënnt.



Ech hat dat e bësselchen nogelies. Also, do soe se, ier en neit Planzeschutzmëttel erauskënnt, kéinte bis zu zéng Joer vergoen. 100.000 verschidden Elementer mussen getest an iwwerpréift ginn! Et muss gekuckt ginn, ob et cancérogène ass, also kribberregend. Mécht et soss Mutatiounen op de Chromosomen? Wou mer herno natierlech eng Katastroph kréichen! An esou virun. Kann et iwwer d'Haut opgeholl ginn, iwwert d'Ootmung? Dat si ganz komplizéiert Mechanismen an Testverfahren, déi natierlech ganz vill Zäit an Usproch huelen.

An interessant war, wéi ech dunn nach konnt liesen, wéi dat Ganzt getest gëtt. Et ass esou, datt een dat u Rate verfidder, ënner anerem och anscheinend un Hënn, mä haaptsächlech u Raten, an da gëtt gekuckt, wann d'Rat, déi leeft am Duerchschnitt zwee Joer, wann et där ganz gutt geet nach no zwee Joer, an déi weist absolut keng Niewewierkungen, da gëtt et e bestëmmten Dosage pro Kilogramm Kierpergewicht an der Rat, dat sinn dann ongeféier, ech weess et net, soe mer, et ass 0,2 Milligramm pro Kilogramm, da gëtt aus Virsicht fir de Mënsch higerechent op de Mënsch awer nëmmen en Honnertstel vun där Konzentratioun zougeloo, fir datt nëmme beim Mënsch näischt ka passéieren. Esou steet dat do geschriwwen, fir déi chronesch Toxicitéit - dat, wat op Dauer de Mënsch schiedegt -, esou kleng wéi méiglech ze halen.

Ech weess awer net, ob dat nëmmen do steet, fir eis e bëssen d'Aangst ze huelen, well mir gesi jo, datt trotz all deene Kontrollen, nach allerhand fir d'Diéieren dobaussen an och fir de Mënsch wahrscheinlech ka passéieren. Déi tatsächlech Dosen, schreibe se dann och nach do, déi an den Nahrungsmittelen ukommen - et ass vläicht eppes fir Fachleit -, déi wiere jo wesentlech méi kleng, well et wier jo net iwwerall, wou d'Planzeschutzmëttel gebraucht gëfen.

Ech hat dat dunn nogekuckt. Do stoung, datt zum Beispill nach an den USA 1980 nëmme 45% vun de Fläche bespréit gouf mat iergendepes. An Däitschland hu se do geschriwwen, hätte se 2009 180.000 Käreprouwe geholl vu Weess a Geesch a Gott weess wat, an nëmmen an 42 Fäll wiere Réckstänn nogewise ginn.

Da sinn déi eng Mëttelen natierlech méi séier abbaubar wéi déi aner. A wann dobausse gesprézt gëtt, wann dat verbreet gëtt, dann hänkt et jo nach dovunner of, wat fir ee Wieder dobaussen ass, wéi vill datt wierklech ukënnt, ob Wand ass an esou virun an esou fort.

Mä et ass natierlech wichteg, datt mer kucke beim Mënsch, wéi et mam Ophuele vun deene Mëttelen ass. Well ofgelagert gi se gewéinlech, wéi gesot, an der Muskulatur, an der Liewer, am Fett, mä och natierlech an der Mëllech, an do mussen mer ganz virsiichteg sinn!

Ech mengen, et ass esou, datt mer déi Leit, déi domat ëmginn, déi mat de Produite schaffen, déi mussen mer natierlech esou gutt wéi méiglech schützen. An ech soen, datt dës Gesetz et de Baueren och net verbidde wäert, déi Planzeschutzmëttelen ze benotzen.

Ech schwätzen hei vläicht bewosst vu Planzeschutzmëttelen, net esou vu Pestiziden, well d'Baueren och direkt erschrecken a mengen, se wiere schold, well de Bauer, dee sprézt dat jo net, wéi elo grad och gesot gouf, aus Freed un der Saach. Dee muss seng Aarbecht maachen. Neen, e benotzt se jo, fir seng Planzen ze schützen, fir Keimen ze bekämpfen. An de Bauer sprézt och net méi, wéi en onbedéngt muss, well e weess ganz gutt, datt dat e Käschtepunkt ass. Déi Mëttelen, déi kaschte relativ vill. Se mussen elo ganz streng kontrolléiert gehandhaabt ginn. An dofir mécht en et nëmmen, wann et da wierklech och muss sinn.

Hei gesinn ech e bëssen eng Parallell och mat mengem Beruff als Dokter. Et ass och esou, wéi ëmmer dobausse gesot gëtt, datt mir ganz genau wëssen, datt mer net sënnslos sollen tonneweis Antibiotiquen u Leit verschreiwen, wa se de Schnapp hunn oder soss eng Klengegeet, mä virsiichteg solle sinn, well awer kann e Schued optrieden an eng Resistenz bei de Bakterien optriede kann. Ech mengen, esou wéi et bei der Behandlung bei de Mënschen ass, schéngt et mer och zimlech bei de Planzen ze sinn.

Da soe mer, jo, et ass jo och esou, da solle se Biolandwirtschaft maachen. An der Biolandwirtschaft ass et jo esou, datt mer och Planzeschutzmëttel benotzen, déi dann aneschtens zesummegeat ginn, wéi d'Kolleegeen dat elo hei gesot huet, déi sécher op deem Gebitt sech vill besser auskennt wéi ech a Spezialist doran ass. Et ass awer och vläicht net méiglech, déi Biolandwirtschaft op ganz Lëtzebuerg ausdehnen. Ech weess et net. D'Produktiounsmethod ass vläicht wesentlech méi opwendeg, käschtenintensiv, vläicht kënnt och net esou vill dobäi eraus.

Et ass esou, wat d'Madame Hansen och well gesot huet, wat d'Produktioun ubelaangt, datt mer praktesch net méi op déi Mëttel kënne verzichten. Et ass esou, datt duerschhaus, wéi si gesot huet, 30% männer Rendit ass, datt ee männer Fruucht op de Felder kritt, wann een näischt behandelt. An dann en interessante Chiffer, deen ech och éierens erausgelies hat, dat ass vun 2000, Pardon, vun 1950 bis 2007, do ass déi Käreproduktioun op der Welt an d'Luucht gaange vun ursprénglech, also 1950, 700.000, 700 Milliounen Tonnen elo op 2,3 Milliarden Tonnen, wat - ass et esou? -, et kann ee vläicht téschent Gänseféisercher maachen, jiddefalls duerch den Asaz vun deene Pestizide méi geernt konnt ginn.

Ech mengen, fir dat ze soen, mir brauchen eng gutt funktionéierend konventionell Landwirtschaft och, well de Bauer muss och ekonomesch produzéieren kënne. Well ech mengen, hie steet jo mat senge Produiten a Konkurrenz mat deenen anere Marchéen. Fir kënne rentabel ze sinn, muss en och zu Planzeschutzmëttel gräife kënne, wann et dorëms geet, géint schlëmm Krankheeten, géint Pilzen virzesuergen oder iwwerhaapt Planzen ze heelen, also dergéint virzegoen.

Dës ass d'Konditioun, fir datt eis Landwirtschaft och weiderhi quantitativ a qualitativ héichwäerteg eenheemesch Produkter ka produzéieren.

Ech sinn awer haaptsächlech hei op d'Tribün komm, fir dem Bauer dobausse matzedeelen, datt seng Aarbecht eis allegueren heibanne bewosst ass. An hie soll wëssen, a wann ech dat duergelies hunn, dat Gesetz, relativ genau, an dat och matkrut an eiser Kommissioun, dann ass et esou, datt mir hei kee Gesetz schafen, fir d'Baueren ze kujenéieren. Sécherlech net! Dat ass net eis Aufgab an dat wier och wierklech eng Schwéngerrei vis-à-vis vum Bauer, dee well mat x Problemer dobausse konfrontéiert ass.

Neen, hie soll wëssen, datt e fir doudserio geholl gëtt. An ech mengen, ech kann dat och soen als Dokter, hie spillt eng wesentlech, eng ganz wichteg Roll an der Nahrungskette fir eis, andeem en nämlech muss oppassen, wéi en déi Produkter, déi mir herno iessen, behandelt. Also, en ass e wichteg Element, de Bauer, a mir brauchen hie mat all senger gudder Ausbildung a mir muss bal vun him verlaangen, datt e sech dorun hält, fir ze verhënnern, datt mir herno déi sinn, déi Produkter iessen, déi mat deene Mëttel verseucht sinn.

Also, nach eng kéier gesot, et ass keng Plo fir de Bauer dat hei, mä et wäert ëm an Zukunft seng Aarbecht erliichteren. Dat wollt ech als Message eriwerginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Ech wëll awer nach profitéieren - ech mengen, ech hunn nach e bëssen Zäit -, ech wëll nämlech all deene Leit, déi matgeschafft hunn, och an der Kommissioun, villmools Merci soen an ech géif dann och am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord fir dese Projet ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mertens. Nächste Riedner ass den Här Frank Arndt.

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Gusty Graas fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Mir befaassen eis haut mat engem eminenten wichtige Projet de loi fir d'Lëtzeburger Landwirtschaft, deen d'Mise sur le marché an de Gebrauch vun de phytopharmazeutesche Produkter, déi gemengerhand als Pestizide bekannt sinn, reglementéiert, dës am Sënn vun enger méi nohalterger Landwirtschaft, a fir eis Legislatioun mat verschiddenen europäeschen Direktiven a Reglementer konform ze maachen.

Sollte mir dat net maachen, riskéiere mir emfindlech finanziell Sanktiounen vun der EU-Kommissioun, well mir mat der Ëmsetzung vun deenen europäeschen Dispositiounen schonn etlech Zäit en retard sinn.

Et sief mir hei op deser Plaz erlaabt, an deemem Zusammenhang op dat zréckzekommen, wat de Landwirtschaftsministère, ënnert dem deemolege Minister Romain Schneider, alles ënnerrholl huet, fir esou Sanktiounen ze verhënnern.

Den 30. Mee 2012 huet de Ministère nämlech eng éischte kéier op d'Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun vum 28. März 2012 reagiert an hir matgedeelt, datt een deementsprechende Projet de loi amgaang wier, ausgeschafft ze ginn. Den 21. Dezember vum selwechte Joer huet de Minister op den Avis motivé vum 26. Oktober vun der Kommissioun geäntwert an och den éischten Draft

vum Projet de loi bäigeluecht. Gläichzäitig krut d'Kommissioun gesot, dass si deemnächst iwwert de Plan d'action «pesticides» an d'Bild gesat géif ginn.

Den 11. Januar 2013 huet den deemolege Landwirtschaftsminister de Projet de loi an der Chamber déposiert. Leider fir d'Gesetz, oder och net, ass et dunn net méi zu enger Réunion vun der zoustänneger Chamberskommissioun komm, aus de bekannte Grënn, déi jo zu den Neiwahlen geféiert hunn. Suite op eng Ufro am EU-Pilotsystem huet de Ministère den 23. August 2013 den éischten Draft vum Plan d'action op Bréssel geschéckt.

Am Virfeld dovun war d'Landwirtschaftskammer informell gefrot ginn, fir eng éischte kéier iwwert de Plan d'action ze kucken, dës an der Optik, datt duerno eng komplett Consultatioun mat alle concernéierten Akteure géif geschéien, fir de Plang definitiv ze finaliséieren. D'Neiwahlen hunn dat awer iwwert d'Kopp gehäit an et war net méi méiglech, dës an där Amtsperiod vum viregte Landwirtschaftsminister ze maachen.

Zréckbehalen ass awer de Fait, datt mir permanent a Kontakt mat Bréssel bliwwen sinn, fir juristesche Sanktiounen ze évitéieren, vu datt den Avis motivé vun der Kommissioun schonn zanter dem 26. Oktober 2012 virlouch.

Wourëm geet et also an deemem Projet de loi? Dës Regierung huet sech nohaltegeet an allen Domänen, also och an der Landwirtschaft, op de Fändel geschriwwen, an d'Protektioun vun der Ëmwelt a vum Waasser ass eng vun hiren Haaptpräoccupatiounen. Zu enger performanter a kompetitiver Landwirtschaft gehéiert awer och den Asaz vu Pestiziden, mä dat natierlech an engem strengstens geregelte Kader an am Respekt vun engem nohaltergen Ëmweltschutz.

Dese Gesetzprojet soll dese Kader schafen an eis domat konform mat der europäescher Gesetzgebung setzen. Et ass zanter Laangem gewosst, datt de Gebrauch vu Pestiziden Tracen an der Nahrungsketten hannerléist, déi méi oder männer geféierlech fir Mënsch an Déier sinn, jee no der Quantitéit an no der Doséierung vun de Pestiziden, déi agesat ginn.

Dee falschen oder verbuedene Gebrauch kann enorm Schied bei Mënsch, Ëmwelt an Déieren erviruffen! Dofir ass sech d'Gesellschaft hautdesdaags eens, de Verkauf an de Gebrauch vu Pestiziden strengstens ze reglementéieren.

Déi rezent Evenementer ronderëm d'Verschmotzung vun eiser gréisster Drénkwaasserreserv, dem Stauséi, duerch Pestiziden aus der Belsch an dat ganz beonrouegend Beiestierwe weisen, wéi dréngend et ass, Mesuren anzeféieren, fir de verantwortungsvollen Émgang mat de phytopharmazeutesche Produkter an enger Aart a Weis ze reglementéieren, déi eiser op Produktivitéit a Rendement ausgerichter Zäit entsprechen, mä och d'Bedenke vun Ëmweltschutzorganisatiounen mat abezéien.

Dofir schafft dese Projet de loi een neie Cadre juridique, en abrogéiert d'Gesetz vum 1968 an iwwerdreift déi europäesch Direktiv 128 vum 2009, déi ënner anerem d'Regele vum Gebrauch vu Pestiziden harmoniséiert, souwéi och d'Dispositiounen vum europäesche Reglement 1107 vum 2009, deen ënner anerem fir eng héich Sécherheet fir Mënsch, Déier an Ëmwelt suert an et och garantéiert.

Ëm wat handelt et sech da bei de Mesuren, déi an der Direktiv 128 vum 2009 virgesi sinn an déi elo an eis Legislatioun iwwerdroe ginn? Et géif ze wäit féieren, fir se all opzezielen, dofir géif ech op deser Plaz nëmmen op déi wichtigsten agoen.

Fir d'Alleréischts mussen all déi professionell Leit, d'Distributeuren an d'Beroder, déi vu Burruffs wege mat Pestiziden ze dinn hunn, eng obligatoresch Formatioun absolvéieren. Dës Formatioun soll garantéieren, dass dës Leit d'Manipulatioun vun de Pestizide beherrschen, dës am Sënn vun hirer eegener Sécherheet, där vun de Leit ronderëm a vun der Ëmwelt. Um Enn kréie si en Zertifikat, dee siwe Joer laang valabel ass a si verflachte sech, sech um Courant ze hale vun allen technologesche Fortschritter op deem Gebitt.

Selbstverständlech concernéiert dese Projet de loi an éischer Linn allegueren d'Profien an d'Domänen. Mä, wéi et virauser schonn ugeklungen ass, sollen och mir als Privatleit verantwortungsbewosst mat esou Produiten ëmgoen. Beispiller si genuch do: Wa mer eis Garagenafahrt oder d'Gaardenterrassen domadder ofspréizen. Schliisslech ass jiddweree vun eis invitéiert, ee Baitrag ze leeschten, fir e besseren Ëmweltschutz an eng méi propper Natur.

Et gëtt eng Prozedur ageféiert, fir dat Material a regelméissegen Ofstänn ze inspizéieren, dat beim Asaz vu Pestizide gebraucht gëtt. Den Asaz vu Pestiziden aus der Loft, d'Pulvérisation

aérienne soll strengstens reglementéiert ginn. Den Asaz ass am Prinzip hei am Land verbueden, kann awer duerch eng speziell Autorisatioun vum Minister a bestëmmte Fäll autoriséiert ginn. D'Konditiounen fir esou een Asaz ginn an deemem Projet de loi ganz genee definiert.

E weidert wichteg Element vun deser Direktiv, dat sech am neie Gesetzesprojet erëmfënnt, ass d'Aschränken oder carrément de Verbuet, Pestiziden a gewëssen Zonen anzesetzen. Et handelt sech dobäi ëm Naturschutzzonen, Zonen, déi fir d'Waasserwirtschaft an d'Drénkwaasser-versuergung eng wichteg Roll spillen, a Plazen, wou Leit sech an hirer Fräizäit ophalen, Parken, effentlech Gäert oder Sportsplazen.

Selbstverständlech war et och eng ganz besonnesch Préoccupatioun vum Gesetzgeber, fir d'Sécherheet vun den Drénkwaasserquellen ze suergen, well all Belaaschtung vun dese Quellen duerch och nëmmen déi geréngste Quantitéit vu Pestiziden eng Gefor fir Planzen, Mënsch an Déier bedeit.

D'Mesuren, déi am europäesche Reglement 1107 vum 2009 virgesi sinn, beschäftege sech haaptsächlech mat der Approbatioun, der Mise sur le marché an dem Emballage vu phytopharmazeutesche Produkter. Eng vu sämtlechen Ëmweltschutzorganisatiounen gefrot a vun der Direktiv virgeschriwwen Mesure ass een nationaler Aktionsplang fir Pestizider. Dese Projet de loi gëtt engem solche Plang ee legale Kader.

Déi wichtegst Ziler vun deemem Plang sinn d'Reduzéierung vun de Risiken fir d'Gesondheet vum Mënsch a fir d'Ëmwelt an d'Promotioun vun engem sécheren, rationellen an effikasse Gebrauch vu Pestiziden. Dese Plang soll awer och derfir suergen, dass männer Pestiziden agesat ginn, dës am Sënn vun enger nohalterger Landwirtschaft. Ausserdeem soll och d'Publicitéit fir d'Pestizide strengstens reglementéiert ginn, ganz streng Kontrollen an ee ganze Katalog vu Sanktiounen agefouert ginn, déi bis zu enger Prisongsstrof a ganz besonnesch schlimme Fäll vu Verstéiss géint dës Gesetz kënne goen.

An deenen dräi Annexen, déi zu deemem Gesetzesprojet gehéieren, ginn zum engen d'Themen an d'Aart a Weis vun der Formatioun definiert, déi déi professionell Leit, d'Distributioun an d'Beroder mussen absolvéieren, an zum aneren d'Exigenz definiert, wat d'Gesondheet, d'Sécherheet an den Ëmweltschutz ugeet am Zusammenhang mat der Kontroll vum Material, mat deem d'Pestiziden agesat ginn. An där drëtter Annex fanne mer déi allgemeng Prinzipien erëm, déi beim Kampf géint d'Feinde vun de Kulture mussen respektéiert ginn.

Duerch dese Projet de loi kënnt natierlech méi Aarbecht op d'Administration des services de l'agriculture zou. Mä am Kader vun enger Pestizidereglementéierung, déi deen Numm verdéngt, ass dat eng absolut Noutwendegkeet. Fir deem entgéintzekommen, ass ee personelle Renforcement vum deemem Service, onserer Meinung no, inévitable. An doriwwer huet och an där zoustänneger Chamberskommissioun een allgemenge Konsens geherrscht.

Wat d'Avis vum deene verschiddene Chamberen ugeet, esou begreist d'Handwierkerkammer de Projet an ass der Meinung, dass dës Mesuren zu enger grousser, besserer Gestiou vun de Pestizide wäerte bäidroen. Och d'Chambre de Commerce begreist de Projet, ass awer der Meinung, datt et net zoulässeg ass, ganz Artikel vum engem europäesche Reglement an en nationale Gesetzesprojet ze iwwerhuelen. An hirem Avis beschäftegt sech d'Salariatschamber haaptsächlech mat der obligatorescher Formatioun, déi all Akteuren am Domän vun de Pestizide mussen absolvéieren. An d'Landwirtschaftskummer, zum Schluss dann, déploréiert an hirem Avis déi aktuell Situatioun, wat d'Autorisatioun vun de Pestiziden ugeet, déi hirer Meinung no d'libre Circulation vun de Marchandisen net respektéiert.

A sengem Avis vum 4. Juni 2014 zielt de Statsrot eng Dose formell Oppositiounen op, dorënner e puer, déi sech op de Fait bezéien, dass et verbuede wier, den integralen Text vun den europäeschen Reglementer an deenen eegene Gesetzestexter ze iwwerhuelen. Déi parlamentaresch Kommissioun huet all deenen Oppositiounen Rechnung gedroen a se an de spéidere Projet de loi iwwerdroen. Ech verweisen an deemem Zusammenhang op de Rapport vun der Kommissioun.

Wat d'Aarbecht an der Kommissioun ugeet, esou war déi gekennzeechent vun der Drénglechkeet, ze reagéieren, well eist Land soss, esou wéi ech schonns d'Geleeënheet hat, et ze



erwähnen, ënnert der Menace stoung, wéinst Non-transposition dans le délai d'un texte communautaire sanktionéiert ze ginn. Och wéinst dem Plan d'action «pesticides», dee bis de 14. Dezember 2012 hätt missen iwwerdroe ginn, ass eng Procédure d'infraction déclenchéiert ginn.

Fir d'Kommissioun ass dëse Plan d'action e flexiblen... Fir d'Kommissioun, Pardon, ass dëse Plan d'action e flexibel Instrument, dat zu all Moment un nei Entwécklung kann ugepasst ginn. Dofir soll hien an engem Intervall vu fënnf Joer iwwerkuckt ginn.

Wéi ech schonn d'Geleeënheet hat ze soen, ass d'Kommissioun sech bewosst, datt déi zoustänneg Administratiounen mussen an deenen nächste Joren zousätzlech Leit kréien, fir déi Tâchë kënnen ze leeschten, déi hinne mat deem neie Gesetzestext operluecht ginn.

Da waren nach d'Protektioun vum Waasser an d'Règlements d'exécution vum Gesetz wichteg Themen, déi an der Kommissioun abordéiert goufen. Mä et war ee sech queesch duerch all Fraktiounen awer bal eens, datt d'Zil vun dësem Projet de loi a vum Plan d'action «pesticides» am Endeffekt soll sinn, den Asaz vu Pestiziden an Zukunft esou wäit wéi méiglech ze limitéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi gi mir eise Baueren a Wënzer ee performant Instrument an d'Hand, dat hinnen et erméiglecht, an enger ëmmer méi globaliséierter Welt kompetitiv ze bleiven an den Erausforderunge vu muer zouversichtlech entgéintzegesinn. Gläichzäiteg suerge mer fir ee rasonablen a verantwortungsbewossten Asaz vu Pestiziden, mat enger Aussicht op een ëmmer méi klenge Gebrauch dovun, dëst am Sënn vun enger nohalteger Natur an Ëmwelt.

Ech wëll och virun allem hei Merci de Beamte vum Ministère soe fir déi wonnerbar Aarbecht, déi se gelescht hunn. An aus dëse Grënn, déi ech hei opgezielt hunn, wäert meng Fraktioun, d'LSAP, dëse Projet natierlech och matstëmmen.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Arndt. Nächste Riedner ass den Här Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), en remplacement de M. Henri Kox.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, e grouss Merci dem Rapporteur Gusty Graas fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech sinn u sech just Aushëllefskraaft hei um Pult, well de Koxen Heng, deen heizou sollt Stellung huelen, eben zu Lima ass an eis do vertrëtt.

Ech mengen, säit dem 17. September vun dësem Joer, do schloen hei zu Lëtzebuerg d'Aueren e bëssen aneschtens an d'Diskussioun ëm d'Pestiziden ass no vir komm. Dës Verschmutzung huet eis all zu Lëtzebuerg an Otem gehalen a fir esou munch Veronsécherung hei am Land gesuergt. Domadder kommen ech elo direkt op de Projet de loi vun haut zrëck.

D'Iddi hannert dësem Paquet Pesticides ass virun allem, den Ëmgang mat de Pestizide méi sécher ze maachen, deen integréierte Planeschutz an d'Biolandwirtschaft als Alternativen, ouni oder mat manner Chemie, ze promouvéieren an awer och derfir ze suergen, dass en héijeng Niveau vu Protektioun fir Mënsch, Déier an Ëmwelt garantéiert gëtt, ouni dass awer d'Kompetitivitéit vun der Landwirtschaft dorënner leide muss, en Thema, wat mer jo scho gëschter hei um Leescht hatten.

Op verschidde Moosnamen aus dem Paquet Pesticides wëll ech hei agoen. Et sinn der esou vill, an d'Virriedner hunn dat och scho ganz gutt behandelt, ech wollt awer nach eng Kéier op déi obligatoresch Formatioun fir d'Notzer, d'Verkeefer an d'Händler vu Pestiziden agoen, op d'Promotioun vum integréierte Planeschutz a virun allem der Biolandwirtschaft, d'Restriktioun oder de Verbuet vu Pestiziden a spezifischen Zonen, wéi eben och grad den Drénkwaasserzone respektiv d'Zone bei eise Gewässer, an och op den nationalen Aktiounsplang Pestiziden.

Also, bei esou ville verschiddene Moosnamen, déi ech eben och dann géierft hei hat, ech weess net wéi lech dat geet, léif Kolleeginnen a Kolleegen, huet mir, wéi ech mech fir d'Éischt an de Projet de loi eragelies hunn, do huet mir de Kapp gedréit an et war fir mech och ganz kloer, dass ech do onbedéngt Hëllef vu bausse bräicht, fir ze probéieren, den Duerchbléck ze kréien.

An dofir hat ech de leschten Donneschdeg bei mir doheem een „Pestizid-Owend“ organiséert. Maacht lech elo keng Suergen, do huet net jiddwereen e Bidon matbruecht a mir hunn eis do Cocktails gemixt. Neen, ech hat do Kolleegen Enseignanten aus der Ackerbauschoul geruff an och ee Bauer aus der sougenannter „méi konventioneller“ Landwirtschaft. An ech wollt dovunner elo profitéieren hei, fir e puer Punkten, déi eis als Gréng um Häerz leien, lech matzedelen, déi aus deenen Diskussiounen och erauskomm sinn.

Dat Éischt betrëfft emol d'Formatioun vun de professionellen Utilisateuren aus der Landwirtschaft, dem Gaarden-, Uebst- a Geméisubau, deene Leit, déi eben och an der Ackerbauschoul forméiert ginn. All dës Utilisateuren, déi hunn an hirer Formatioun initiale d'Handhabung vun de Pestiziden erléiert. An déi Moduller, déi sinn och inhaltelech mat der ASTA ofgestëmmt. Duerno kréie si mat hirem Schlusssdiplom dann de Sprëttschäin. Ech war selwer op där Diplomiwwerreechung an ech hunn dat natierlech och extra fonnt, dass déi Leit nach eng Kéier eropgeruff gi sinn, fir eben dann hire Sprëttschäin an Empfang ze huelen.

Dee beinhalt awer net nëmmen d'Theorie, mä och d'Praxis. An dee berechtegt si duerno dann och eben, déi Pestiziden op de Kulture gewësenhaft a verbonne mat deenen noutwendege Sécherheetsmesuren auszebréngen. Dës Formatioun ass, menger Meenung no, gutt, gewësenhaft a kompetent.

A wann awer elo dee Jonken, deen eben dee Schäin do matbréngt, dann op de Betrib oder an ee Betrib zrëckkënn, dann, mengen ech, da kënnt et awer emol méi quokeleg ginn. De Papp, de Patron oder de Viraarbechter - dat hänkt dovunner of, wou en dann duerno schafft - dee scho méi eng laang Berufserfahrung huet, a virun allem viru vill méi laanger Zäit sech mam Thema beschäftegt huet, dee soll elo op dee Spunt do lauschteren an déi Sécherheetsvirschrëften a Schutzmoosnamen dann akzeptéieren, déi him do zougedroe ginn.

Dat ass net esou einfach, dat ass e komplex Thema. An d'Gefore ginn, menger Meenung no, verkannt! Mir brauchen dofir och fir déi erfuere Leit an de Betriber eng spezifesch Formatioun, eventuell eng Optréschung vun hire Kenntnisser am Sënn vum „lifelong-learning“, fir dass den Ëmgang mat de Pestiziden, mat deene Produkter méi sécher gëtt.

Virun allem gëtt, menger Meenung no, bei de perséinleche Schutzmoosnamen an der Praxis net genuch do opgepasst. Bon, Händschen, Schutzkleedung, dat ass déi eng Saach. Masken, dat ass dann déi aner Saach. Zoue Kabinen op den Traktere schéngt jiddwerengem normal, déi awer och misste mat den entspreche Filteren ausstafféiert sinn. An der Praxis gëtt dat awer leider net systematesch genuch an den Asaz geholl. Dat ass d'Realitéit.

Elo kënnt Dir soen, deen iwwerdreift elo. Dat mag sinn. Mä ech wëll awer och net dee sinn, deen herno engem Bauer oder soss engem mat 50 Joer erkläert, deen iwwer permanente Kappwéi oder eventuell och erkrankt, Kriibs kritt, oder neurologesch Krankheete kritt wéi Parkinson, dass dat näischt mat dem jorelaangen Asaz an Ausbréng vum Sprëtzmëttelen ze dinn huet.

Et soll een do och zu Lëtzebuerg déi Krankheetsfäll bei de concernéierte Berufsgruppen emol vill méi genau suivéieren an analyséieren.

Och d'lescht Woch hat ech duerfir am Gesondheetsministère nogefrot, ob et do Statistike ginn, ob dozou e Buch gefouert gëtt, ob et dozou eng Ausso gëtt. Dat war awer net esou. An dunn hu mer eis als Gréng erlaabt, haut och eng Question parlementaire an deem Sënn un d'Gesondheetsministesch ze adresséieren.

Dës Problematik ass awer bei eise franséischen Noperen erkannt a gëtt och ganz eescht geholl. Do ass zum Beispill d'Parkinson-Krankheet am Zesummenhang mam Ausbréng vum de Pestiziden als Berufskrankheet bei de Baueren unerkannt ginn a par décret vum 4. Mee 2012 eben och aktéiert ginn.

Firwat dat elo zu Lëtzebuerg sollt anescht sinn, dat weess ech net. Dat kann natierlech mat de Betriber ze dinn hunn. Mä dorop wäerte mer dann och hoffentlech eng Äntwert kréien.

Baséierend op dësen Iwwerleeungen, mengen ech, llicht et jiddwerengem an, dass, wann een op engem Betrib säi Sprëttschäin huet, da geet dat net duer, dass een deen huet, mä all déi Persounen, déi mat dëse Mëttelen a Kontakt kommen, déi se manipuléieren, déi se ausbréngen, mussen och entsprechend forméiert ginn.

Ech kommen zrëck op mäi Pestizid-Owend. Do wollt ech natierlech och wëssen: Wéi gesäit dat aus mat der Berodung an der Praxis? Op där enger Säit hu mer op de Betriber also verschidde Beroder, déi maachen eng Berodung,

zum Beispill zum Buedem, zur Düngung, zu Graszorten an esou weider - a vill manner zu de Pestiziden.

An anerer, zum Beispill d'Landwirtschaftskummer, déi maachen eng qualitativ och ganz gutt Berodung zu Pestiziden, wëll ech och hei ënnersträichen, an déi ginn och regelméisseg ganz gutt a prezis Informatiounen un d'Baueren eraus. An dat kann och jiddwereen op hirem Internetsite nokucken. Ganz prezis Berodungen eben zu deene jeeweilege Planzekulturen, déi se do erausbréngen. Och hu se Waasserschutzinfoen, déi ganz am Detail op d'Handhabung vu Sprëtzmëttelen respektiv Pestiziden an deenen Zonen aginn. Mä si hunn awer d'Personaldecken net, fir eben déi spezifesch Berodung um Betrib selwer ëmmer kënnen esou auszeféieren.

Duerfir mengen ech, dass et sënnavoll wär, an Zukunft vläicht déi zwou Berodunge beieneen ze leeën an déi zwee Volete mateneen ofdecken. Dat wär vill méi wirtschaftlech. Da wär och een Akteur um Bauerebetrib oder um Geméisbaubetrib do an et wär méi einfach ze handelen.

Souwéiso mengen ech, wa mer an d'Diskussioun iwwert d'Waasserschutzzone kommen, dann ass et fir mech schwéier, d'Waasserschutzzonen, eisen Drénkwaasserschutz oder eis Drénkwaasserquelle respektiv och eis Uewerflächegewässer, do ass et fir mech ganz schwéier, fir déi Berodung bezüglech Düngung a Pestiziden auserneenzhalen, well dat muss fir mech an engem Zoch gemaach ginn.

Da gëtt och dacks dobauss gesot op den Tribünen: Mir hunn näischt falsch gemaach, wat vun der Säit vun de Bauere kënnt. An dat kann ech an engem gewësse Sënn absolut och novollzéien. Da wëll ech awer drop hiweisen, dass eben d'Waasserschutzzone vusaite vun der Regierung am Moment net weider ausgewise sinn, ausser déi um Stau. Ech wëll awer och ganz daitlech hei soen, dass dës Regierung - an ech betounen nach eng Kéier: dës Regierung - dës Zonen elo wäert ausweisen. An da kann all Akteur an Zukunft och soen: „Ech hunn alles richtig gemaach!“

An de Waasserschutzzonen hunn, eiser Meenung no, och Pestiziden näischt verluer.

Ganz kuerz, jo, zur Berodung op de Verkaufsstellen. Bei eis um Land op jidde Fall ass dat emol esou, de Vendeur hannert dem Comptoir, deen huet d'office keng spezifesch Formatioun, wat d'Pestiziden ugeet, an dee kann de Bauer och net beroden. Dat geet dacks iwwert Tafelen, déi aushänken, wou Virschléi drop sinn, wat fir Pestizide fir wat fir Kulture sollen agesat ginn, wéi déi Mëschunge solle sinn, wat jo an der Rei ass. Mä awer an der Verkaufsstell gëtt déi Berodung, menger Meenung no, net wäit genuch gemaach. Se gëtt iwwerhaupt net gemaach.

Dann hat ech och d'Kolleege gefrot, wéi mer do zesummeeu, ob et da wouer wär, dass verschidde Vendeure vu Saatgut och direkt da Sprëtzmëttel géife mat verkafen. Dat war awer net esou eendeiteg hei du beäntwert ginn.

Wat mech awer dunn trotzdeem als Laien erstaunt huet, bein, ech kommen och net aus deem Domän, ass, dass verschidde Somkären, also d'Saatgut, zum Beispill Mais oder Weess, direkt mat engem Fungizid respektiv Insektizid gebeezt ausgeliwert ginn. Dat heescht, de Pestizid ass direkt op der Planz drop, wa se geplanz, eben dann an de Buedem kënnt. Also, de Som ass da behandelt, soudass en direkt beim Planze schonn de Pestizid a sech huet oder u sech huet.

Do sinn ech an d'Grübele komm. Firwat stellen dann net vill méi Betriber hei zu Lëtzebuerg op Biolandwirtschaft ëm?

Dat Éischt, wat an der Diskussioun komm ass, dat ass, dass am Moment den Ureiz, fir op d'Biolandwirtschaft ëmzeklappen oder direkt esou ze starten, nach net héich genuch ass a misst verbessert ginn. E Biobauer - dat ass e Beispill aus dem Nopeschduerf - huet et och net einfach, fir seng Produkter ze valoriséieren. Do ass ee Bekannten aus der Nopeschgemeng, dee firt mat sengem Weess op eng Millen op hanner Sankt Vith, fir do säi Weess ze muelen, fir dass en net vermëscht gëtt, wou e virdrun ëmmer dat konnt zu Biissen maachen; déi Milen ass jo bekanntlech zougemaach. Dat ass awer keng einfach Situatioun. An dat erlaabt och net oder vill méi schwierig, wirtschaftlech an deem Beräich elo ze schaffen.

Och muss d'Formatioun vun der Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg vill méi pousséiert ginn.

D'Biolandwirtschaft als solch ass per se méi komplex, well een eben net op déi scho vill bekannten an traditionell verankert Mëttelen ëmmer kann zrëckgräifen. Et muss ee sech verstärkt mat der Matière beschäftegen. An et geet op kee Fall duer, dass nëmmen an engem Module op der Treizième vun dräi Stonnen

iwwert d'Conversion à l'agriculture biologique um Techniker dorop agaange gëtt. Dat geet d'office net duer, fir dass een duerno als Biolandwirt kann hei zu Lëtzebuerg starten.

Ir sinn duerfir als Gréng éischter der Meenung, dass d'Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg misst iwwer e BTS, Brevet de technicien supérieur, also duerno, no der Technikausbildung, ofgedeckt ginn, e BTS an der Agriculture biologique. Dat misst gestart ginn. Dat wier eng Opwärtung, dat wier nohalteg, dat géif sécherlech zur Kompetitivitéit vun eiser Landwirtschaft bäidroen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), en remplacement de M. Henri Kox.** - Mir mussen och oppassen, dass mir de Konsument vu Liewensmëttelen besser informéieren. Hien ass vill ze oft präisgesteiert. Dat kann een absolut novollzéien. An en hält dann éischter Produkter, déi eventuell och aus anere Länner kommen, déi méi gönschteg sinn, wou awer vläicht manner streng Oplagen do si betreffend Pestiziden, Hormoner an esou weider. Mir mussen also kucken, dass mir eis Produkter, déi mer hei an de Rayonen hunn, eben och entsprechend qualitativ opweisen. Mir brauchen also ganz kloer Labelen. Labelen, fir um Maart sech kënnen ze behaapten.

Och dat, gëschter hate mer et schonn eng Kéier kuerz ugeschwat, ass am Sënn vun engem Plus u Kompetitivitéit hei um Maart.

Och ass fir mech zu Lëtzebuerg d'Tendenz, fir zu ëmmer méi grouss Betriber an der Landwirtschaft ze kommen, sief et bei der Mëlch- a Véiwirtschaft, eng Tendenz, déi ee soll an därer hannerfroen. Well et ass deelweis net esou einfach fir déi Betriber, dass se herno, wa se esou grouss sinn, och entsprechend hir Gülle kënnen ausbréngen. An dat huet och eng grouss Auswirkung op d'Präisser vun Terrainen an an ausserhalb vum Perimeter an der Landwirtschaft.

Bei deene méi klenge Betriber, sote mir d'Kolleegen, also fir d'Betriber mat manner wéi honnert Hektar, wier et dacks schwéier bis quasi onméiglech, nach wirtschaftlech ze schaffen. An da stellt sech fir mech d'Fro: Ass dat zu Lëtzebuerg esou gewollt? Ma ech mengen an hoffen net.

Duerfir ass et och eng ganz wichteg Debatt, déi mer och eng Kéier hei an der Chamber musse féieren, wat fir eng Landwirtschaft mir zu Lëtzebuerg an Zukunft dann iwwerhaupt wëllen. An do wëll ech elo net just nuancéieren, ob d'Biolandwirtschaft oder konventionell Landwirtschaft: Wéi grouss sollen eis Betriber an Zukunft sinn? Wat fir eng Landwirtschaft wëlle mir do?

Am Moment ass et, mir schéngt es bei de Baueren e bësse wéi bei de Rulingen. Et wier néideg, ee klengen Image-Reset ze maachen an d'Mark Lëtzebuerg, fir mech nach ëmmer e Qualitéitslabel, an d'Fenster ze stellen. Dee sollte mer nei definéieren an op gesond Féiss stellen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), en remplacement de M. Henri Kox.** - Ee Punkt nach, an dat ass deen, wéi mer d'lescht Woch freides d'Pétitionnairen vun der Aktioun „Save the bees“ hei am Parlament empfaangen hunn an ausféierlech mat hinnen diskutéiert hunn, do ass, mengen ech, jiddwerengem och kloer ginn, dass mir onbedéngt mussen handelen, fir dem Beiestierwen entgéintzewierken, sief et elo Hunnegbeien oder sief et wëll Beien, well et geet net nëmmen ëm déi léif gesträiften Déiercher, an déi wëll Beien, déi sinn net gradesou gesträift, an och net just ëm de gudden Hunneg, dee mer esou gär hunn.

Et ass och eng wirtschaftlech Diskussioun, fir dass mer am Interessi vun der Landwirtschaft an och am Interessi vum Uebstbau hei zu Lëtzebuerg nach kënnen op eng natierlech Bestäubung zrëckgräifen, duerch eben déi Beien, an net mussen op Verhältnisse kommen, wou mer mussen op eemol kënschtlech bestäuben. Ech mengen, dat wëllt sécherlech hei an dësem Parlament kee gesinn.

D'Ursaache vum Beiestierwen, déi si villfältig. Dat ass och d'lescht Woch do erauskomm. Et ass natierlech de Verloscht vu Biodiversitéit, Strukturelementer an eiser Kulturlandschaft. Et ass och d'Varroamilbe. Et ass awer och den Asaz vu Pestiziden a Landwirtschaft, Gaardebau an awer och op öffentleche Flächen an an de Privatgäert.

Duerfir ass et och gutt, dass an dësem Reglement, pardon, an dësem Projet de loi eben och déi aner Akteure genannt ginn, sief et Stat a Gemengen, déi also och eng Verflüchtung wäerte kréien, pestizidfräi ab dem 1.1.2016 ze schaffen. Dat begrësse mir als Gréng natierlech ganz staark. Och d'Privatleit an hire Gäert, déi musse sensibiliséiert ginn, fir dass si op Pestizide verzichte respektiv de Gebrauch reduzéieren.



Ganz kuerz nach, d'Zäit leeft e bësse fort, de Volet vun dem Drénkwaasser. Mir misste bei de Pestiziden zu Lëtzebuerg oppassen, bei deenen, déi an Zukunft zougelooss ginn, dass déi Produkter och herno an den Analyse vum Drénkwaasser oder och am Iwwerflächewaasser detektabil bleiwen. Well soss hu mir hei Zoustänn wéi beim Doping am Sport, wou d'Kontroll ëmmer dem Doping hannendruleeft.

Sou, dat Lescht, et ass och scho gesot ginn, dass mer eng Motioun agereecht hunn, fir dee wichtige Projet, dat ass dee vum Plan d'action national «pesticides», wëlle weider mat ze gestalten an och de Minister opzefuerderen, déi Règlement-grand-ducalle schnellstméiglech ëmzesetzen, dass mer dat als Gréng hei voll mat ënnerstëtzen.

Ech kommen elo zum Schluss, nach eng Kéier op mäi Pestizid-Owend. Mir hunn do e kleng Béierche gedronk. Deen huet eis och gutt geschmaacht. An dunn hunn d'Jongen - dat ass elo e bëssen ënnerdriwwen, deen ee war mäi jonk, deen anere mäi al, d'Kollegen also - dann duerno mat mir e bësse gegeckst a gesot: „Mir wäerte jo hoffentlech den Owend e Béierche gedronk hunn...“ - e kënn aus enger Brauerei heiuwen aus dem Eck, enger klenger Brauerei -, „...dee pestizidfräi war, wou hoffentlech Happ a Malz an d'Waasser eben dann net belaauscht waren.“

(Hilarité)

Dat konnt ech awer hinne leider net garantéieren an ech hunn hinne versprach, do nach e bëssen ze fuerschen.

Ech hoffen elo, bei mir war de Mëtteg Happ a Malz net verluer. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Mir géifen als gréng Fraktioun dann och d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi hei ginn. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Happ a Malz net verluer, mä e bëssen d'Zäit iwwerschratt.

► **Une voix.** - Oh, e bëssen, just e bëssen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat gesot, huet d'Wuert direkt den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, ech wëll all de Virriedner Merci soe fir déi vill flott, interessant Remarquen an interessant Iddien, déi se opgeworf hunn. D'Martine Hansen huet mer leider e puer vu menge grouss Kritikpunkte virewuechgehol. Ech wëll mech do expressis verbis awer de sachlechen,...

► **Une voix.** - Si ass ebe gutt. Si ass...

► **M. Roy Reding (ADR).** - ...sachkundegen a fundéierte Remarquen uschlëssen.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

An och, Madame Loschetter, ier Der elo direkt mault, och de Gérard Anzia,...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(Interruptions diverses)

► **M. Roy Reding (ADR).** - ...fannen ech, huet extrem...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech géif lech dann awer roden, lech un d'Chamber ze riichten!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Ech riichte mech un deen, dee mech uschwätzt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Neen, och den Här Anzia huet extrem richteg a wichteg Froen opgeworf, op déi ech och nach wäert zrëckkommen.

Jo, d'Diskussioun iwwert d'Produits phytopharmaceutiques, d'Pestiziden, féiert an een Dilemma. Déi eng soen, ouni déi Mëttele kéinte mer guer net déi Quantitéit u Liewensmëttel produzéieren, déi mir verbrauchen. Déi aner soen, ökologesch Landwirtschaft ass guer net esou vill manner produktiv, wéi gesot gëtt. Den Edy Mertens huet geschwat vun 30%. Anerer schwätze vun 20%. Bayer schwätzt vu 50%, mä déi wëlle jo och hir Mëttele verkafen.

Fakt ass, dat all Säit sech op wëssenschaftlech Studie berëfft. A Fakt ass och, dat déi Studie sech widersprechen. Fakt ass, dass wuel kee Bauer bewosst säin eegene Buedem géif verseuchen oder vergëften. Fakt ass och, dass hei am Land Substanzen zougelooss sinn, vun deene mir haut scho wëssen, dass se extrem schiedlech sinn an zum Beispill fir dat massiivt Beiestierwen, vun deem hei scho rieds gaangen ass, responsabel sinn, déi berühmt Neonikotinoïden.

Dëst Gëft gëtt geholl, fir Som, Saatgut anzebeizen, dass ganz richteg. An zwar gëtt dat agebeezt, fir dass d'Wierm am Buedem guer net eréischt druginn. Mir wëssen awer haut, dass dat

Gëft sech am Buedem an an der Planz verdeelt an accumuliert. An duerfir huet de Kolleg Frank Arndt net recht, wann en dervu schwätzt, dass nëmme falsch Uwendung oder ze héich Dose geféierlech wieren. Neen, et gëtt och déi Gëfter, déi sech ganz einfach accumulieren.

Eng Bei stierft bei véier bis fënnf Nanogramm vun deem Gëft! An dat ass, Här Dokter Mertens, zéngtausendmol manner wéi bei deem legendäre Gëft DDT, vun deem Dir an och den Här Rapporteur geschwat hutt. Duerfir kann ee sech d'Fro stellen, wéi esou ee komplizéiert a bürokratescht Gesetz wéi dat heite maachen, wann esou geféierlech Substanze weider legal sinn a weider ugewannt ginn.

Mir als ADR sinn duerfir géint dëst Gesetz, well et eis net wäit genuch geet. An an aneren Aspekter geet et eis vill ze wäit!

Dëst Gesetz ass e weidere Schrëtt an d'Iwwerbürokratiséierung vun eise Land. Virdrun an der Debatt iwwert d'Abréch huet d'Madame Dall'Agnol vun der LSAP gemengt, vill Leit wieren net frou iwwer ze vill Polizeipräsenz, se géife sech dann ageschränkt fillen an hirem Liewen.

Abee, wat géint d'Brochserie fir d'LSAP e Problem ass, ass dann, wat d'Bauern ugeet, kee Problem fir si!

Néng - néng! - verschidden Instanzen an Administratiounen hunn, nieft der Police, zousätzlech zur Police, d'Kompetenz, fir Infractionne géint dëst Gesetz ze recherchieren! All déi Leit hunn een OPJ-Statut, Officier de police judiciaire, a kënnen Dag an Nuecht an d'Betriber eragoen an déi duerchsichen!

Dat sinn: d'Douanes et Accises; d'ASTA, dat ass d'Administration des services techniques de l'agriculture; drëtzens, d'Unité de contrôle du Ministère de l'Agriculture; véiertens, d'Administration de l'Environnement; fënneftens, d'Administration de la Nature et des Forêts; sechstens, d'Inspection du travail et des mines; siwentens, d'Direction de la Santé; aachtens, de Service de la sécurité alimentaire; néngtens, d'Administration de la Gestion de l'Eau an natierlech zéngtens d'Police selwer!

Déi Proliferatioun, déi Zersplitterung vu Kompetenzen hu mer och an dem Domän vun der Liewensmëttelsécherheet. An ech fanne se absolut kritikabel! De Problem ass virun allem d'Koordinatioun vun all deene Kontrollen. Wéi fillt e Bierger sech, wéi fillt e Bauer sech, wann e fir d'Zweet, fir d'Drëtt a fir d'Veiert an enger Woch kontrolléiert gëtt?

An dann d'Strofen! Jo, et gëtt an deem doten Domän, an de Minister Etgen hat an der Kommissioun drop higewisen, grouss Gangsteren, déi mat schroe Substanzen handeln, déi se fir bellegt Geld akafen, déi net zougelooss sinn a geféierlech Produkter sinn, an déi domat hir „Händelcher“ maachen. Do kann d'Strof guer net héich genuch sinn!

Mä och kleng a klengste Vergehen, eng falsch Androung am Regëster, eng falsch Manipulatioun vun engem Produit, ginn hei bestrooft! An déi Strofe ginn, dat därefer mer awer net vergiessen, bis dräi respektiv fënnf Joer Priesong an Amendé bis 250.000 Euro!

Derbäi kommen dann nach déi administrativ Strofen duerch de Minister, woumat mir och gréisste Problemer hunn. Et ass wéi beim Führerschäin: Nieft engem sofortegen Entzuch duerch den Untersuchungsrichter gëtt et duerno eng Strof um Geriicht. Et gëtt e Punktverloscht. Doduerch kann ech e verléieren. An et kann och nach e Retrait administratif ginn. Mir fannen dat net gutt. Mir fannen, eng Infraction sollt eemol sanktionéiert ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Mat allem Ach und Krach huet eis Majoritéit dem Statsrot noginn a senger Kritik a weinstens e Recours en réformation, also e Recours au fond géint dem Minister seng Décisioun virun de Verwaltungsgerichtsbarkeeten erlaabt. Obskur bleift, wéi esou den Délai, fir dee Recours ze maachen, an dësem Spezialgesetz op 40 Deeg amplaz op déi üblech dräi Méint festgeluecht gouf.

Et gëtt eis gesot am Rapport, do wier Céléritéit néideg. Dat ass jo Quatsch! Ech mengen, hei hëlt de Minister eng Sanktioun. Déi Sanktioun wëll ech attackéieren. Dat, wat ech gemaach hunn, ass jo scho geschitt. Et gëtt also absolut kee Grond, firwat dass ech dat muss a 40 Deeg attackéieren, anstatt, wéi soss üblech, an dräi Méint.

Mä back to basics. Ech wëll mech hei dem Gast Gibéryen uschlëssen, deen an der gëschtreger Debatt iwwert d'Kompetitivitéit zu Recht sot, dass mer eis hei am Land emol muss verschidde fundamental Froe stellen. An elo sinn ech nees bei menge Kollege vun der grénger Partei! Wéi soll, wou soll eist Land histeieren? Wou soll eis Landwirtschaft histeieren? Dat ass dach een Débat, deen och mat deene Betrafene muss gefouert ginn!

Wéi géif eist Land ausgesinn, ouni Baurewiesen? Wëlle mer méi Fruuchtwiessel a manner Asätz vu Pestiziden? Si mer bereet, dee manner héijen Ertrag - do si mer eis jo eens, dass et ee manner héijen Ertrag gëtt -, dat ze akzeptéieren an dee Verloscht de Baueren ze kompenséieren, fir dass si vun hire Betriber nach kënnen liewen? Si mir bereet, och an Europa anzewierken, dass déi jählech 55 Milliarden Euro, déi fir d'Landwirtschaft ausgi ginn, anescht ausgi ginn an de Familljen erlaben, de Bauerefamilien et erlaben, en uerdentlecht Akommes ze hunn a weiderhi fir hir Aarbecht, och an eise Déngscht, am Déngscht vun der Allgemengheet, honoréiert ze ginn? Dës fundamental Diskussioun ass néideg!

Dëst hyperbürokratescht Gesetz ass net néideg. An duerfir si mir als ADR fir een Dialog mat der Landwirtschaft a géint dësen Text.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Fir Fait personnel, wann ech gelift, Här President. Ech sinn elo a kenger Hissicht respektlos vis-à-vis vum Här Reding gewiescht. Hie war dat awer elo. A sengem Commentaire mir vis-à-vis huet hien dat gemaach. An dofir froen ech den Här Reding, dass e sech entschëllegt fir seng Ausso. An ech wäert em och net nodroend derfir sinn.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Et ass mer einfach drëm gaangen, op deen Zwëscheruff do anzegoen. Et deet mer leed, wann ech dat Wuert „maulen“ benotzt hunn. Et war en Zwëscheruff. Ech entschëllege mech fir dat Wuert „maulen“.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Reding. An dat kënn net vir, wann ee sech un d'Chamber adresséiert!

(Hilarité)

Merci!

Dann huet d'Wuert den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Et gëtt eng Feststellung, vun där ech mengen, dass eigentlech jiddwereen, deen hei kontrovers diskutéiert, misst dermat d'accord sinn: Dass de massive Réckgang vun der Biodiversitéit zu Lëtzebuerg an an Europa. Ech mengen, de Fait, dass dat esou ass, ass net ëmstridden. Ganz vill Déieren, Planzen, Insekten sinn zu Lëtzebuerg menacéiert. Et gëtt ee Verloscht vun Dréchewisen, Fiichtwisen an Uebstwisen. Och dat, mengen ech, ass net ëmstridden.

E Fakt ass et och, an dat soll eng Feststellung sinn, dass do, wou konventionell Landwirtschaft bedriwwen gëtt, d'Verloschter besonnesch grouss sinn. An dat ass zrëckzeféieren, wann et keng Fruuchtfolleg méi gëtt, Monokulture gëtt an et eng massiv chemesch Düngung gëtt an natierlech Asaz vun Herbiziden a Pestiziden.

Et ass och eng Feststellung, dass an der Biolandwirtschaft d'Biodiversitéit däitlech méi héich ass. D'Zuelen doriwwer leien och vir an deem flotten Avis vun natur&ëmwelt, deen Der alleguerten zougestallt kritt hutt.

Déi schlémm Konsequenz vun der Entwécklung sinn déi: D'Insekten stierwen, besonnesch d'Beien - ech kommen nach dorop -, d'Belaaschtung vun de Biedem, vum Waasser, de Flëss, dem Grondwaasser, wou hei d'Kontaminatioun vum Stauséi ee Beispill derfir ass.

Wat geschitt elo mat där neier Gesetzgebung iwwert d'Produits phytopharmaceutiques?

Eis ass déi Gesetzgebung net ambitiéis genuch, an ech wëll dat op sechs Punkte verdäitlechen:

Éischte Punkt ass deen: Zu Lëtzebuerg si 530 Produiten zougelooss, déi sech op... insgesamt sinn dat 230 verschidde Substanzen. Dir kennt déi Lëscht. Mä do si vill Saachen derbäi, déi eigentlech net méi däärfte sinn. Ech wëll hiweisen op véier Substanzen, deenen hiren Numm ech elo net soen, well se och am Avis vu Greenpeace erwähnt sinn, déi nieft deenen dräi Substanzen, déi wesentlech si fir d'Stierwe vun de Beien, dass heescht, nieft deenen dräi, déi scho verbuede sinn, net verbuede sinn, déi eiser Meinung no missten direkt verbuede ginn.

Zweete Kritikpunkt ass deen: Et gëtt keng effikass Kontroll. Dat ass scho gesot ginn. Et ginn nëmme 77 vun deenen 230 Substanzen iwwerhaapt getest. Hei misste mer vill méi effikass Analyse kréien, souwuel fir d'Waasser wéi och fir de Buedem.

Drëtt Kritik, obschonn dat ee positive Punkt ass, d'Formatioun, déi ugebuede gëtt fir d'Utili-

sateurs professionnels, d'Verkeefen an d'Conseilleren. Elo ass et awer esou, dass déi Formatioun just aus dem Secteur agricole, d'Formateure just aus dem Secteur agricole kommen. Formateuren aus dem Ëmweltsektor sinn net virgesinn.

D'Gefor ass awer déi, wann d'Formateuren aus dem Secteur agricole kommen, dass een da gesot kritt, wéi een effikass soll schaffen, wéi ee soll eventuell spueren, och aus finanziellen Ursaachen, wéi et gesot ginn ass. A mir mengen, et wier méi wichtig, et wier gradesou effikass, wann och Leit aus dem Ëmweltsektor do méi iwwer Alternative kéinte schwätzen, déi och d'Folgekäschte vun der Belaaschtung vun deene Produite kéinten erklären, wann déi mat erugezu géife ginn.

Des Weidere weist d'Chambre des Salariés drop hin, dass d'Salariéer selwer hei keen direkt Informationsrecht a keen direkt Formationsrecht kënnen beusprochen, wat awer noutwendeg wier, an deene Betriber, wou se schaffen.

Véierte Kritikpunkt: den Helikopter, d'Sprëtzen aus der Loft. Mir sinn der Meinung, dass zu Lëtzebuerg esou een Helikoptersprëtzen iwwerhaapt net néideg ass. Mir sinn der Meinung, dass zu Lëtzebuerg d'Nodeeler dovunner vill méi grouss si wéi d'Virdeeler, souwuel wat d'Korridoren ugeet, déi ee muss anhalen, wéi wat d'Gefor vum Reen ugeet an esou weider. A mir mengen, dass et net duergeet, dass ee seet, dass de Minister dass soll kënnen genehmegen. Mir mengen, dass, wat d'Sprëtzen ugeet, ee souwéi esou ka wäitgehend op biologesch Produiten ëmschalten, wat zum Deel scho geschitt ass an engem Deel vum Wäibau, an dass een do vill méi wäit misst goen.

Fënnefte Kritikpunkt, dass sinn d'Schutzgebieder - d'Flëss, d'Baachen -, déi de Moment nëmme ganz weineg bestinn. Nëmme 3,8% vum Territoire ginn de Moment ouni phytopharmazeutesch Produite gëréiert. Souguer verschidden Natura-2000-Gebieder sinn net verschount, soulaang wéi et net ëm d'Erhale vun der Biodiversitéit geet.

An dee leschte Kritikpunkt, awer als leschten och an der Wäertung, ass dee vun dem Gebrauch vun deene Produiten am öffentlechen Raum. Mir hunn héiere virdrun, dass d'Gemeinde forcéiert ginn, an engem gewëssen Délai ganz op Pestiziden ze verzichten. Et ass awer net kloer, wéi eng Konsequenzen dass dat huet op zum Beispill ee Punkt, deen net gekläert ass, dass ass dee vun de private Stéit. Wa mer den Ennerscheid maachen tëschent der Landwirtschaft, also de Professionellen, dem Espace public, an de private Leit. Do bleift viles am Onklaren.

Et gëtt awer och eng Rei positiv Punkten an deem Gesetz. Dass ass d'Sensibiliséierung, déi virgesinn ass. D'Formatioun, mat deene Kritikpunkten, déi ech virdu gesot hunn. D'Material, wat agesat gëtt. D'Lagerung, déi méi seriö kontrolléiert gëtt, och wann d'Chambre des Salariés drop hiweist, dass fir d'Kontrolle vun der Lagerung d'Administratioun guer net genuch Leit zur Verfügung huet. A weinstens gëtt vu Biolandwirtschaft geschwat, och wa se net zu engem Duerchbroch verholle kritt.

Mir haten, et ass gesot ginn, de 4. Dezember hei eng Unhéierung vun dräi Kommissiounen vun natur&ëmwelt a Greenpeace, déi eng Petitioun gestart hunn iwwert d'Beiestierwen. Dat war fir mech, esou wéi mer se hei diskutéiert hunn, eng ganz wichteg Debatt, aus där sech eng Rei Saachen erginn hunn, op déi natur&ëmwelt a Greenpeace och an enger Stellungnahm gëschter oder haut nach eng Kéier higewisen hunn.

Wat ech ganz positiv fonnt hunn an där Petitioun, ass einfach déi enorm Sensibiliséierung, déi dobauss besteet bei de Leit op d'Problematik vun der Biodiversitéit, vum Beiestierwen, vun der Aartevillfalt, awer och vun der Drénkwaasserbelaaschtung.

Si hunn drop higewisen, dass dat zweejähregt EU-Verbuet vun dräi besonnesch geféierleche Pestiziden aus dem Grupp vun den Neonikotinoïden ausleeft a sech erwaart gëtt vum Minister, dass e sech derfir asetzt, dass dat Verbuet verlängert gëtt. D'Antwort vum Minister war mer, wéi mer hei diskutéiert hunn, net ganz kloer, well ee Moment gesot gi war, an ech wier frou, wann en dat kéint preziséieren, well ee Moment gesot gi war, et misst een d'Folgeerscheinungen, d'Analysen dovunner elo ofwaarden.

An engem anere Moment hat ech awer verstanen, e géif soen, dass dat Verbuet wuelweislech géif fortgesat ginn, mengen ech. Ech géif emol hoffen, dass e mer herno géif bestätegen, dass dat Zweet, nämlech, dass dat Verbuet géif weidergefouert ginn, déi richteg Antwort wier.



Zweetens huet de Minister drop higewisen an där Debatt, no där Diskussioun, déi mer haten, datt den nationalen Aktiounsplang „Pestiziden“ géif komplett iwwerschafft ginn. Et wier awer gutt, fir gewuer ze ginn, a wéi engem Délai datt dat geschitt an awéiwäit datt een do konnt deene Stellungnahme vun den Ëmwelt-organisatiounen, net nëmme vun deenen aneren Akteuren, Rechnung droen an awéiwäit datt do nach eng Kéier eng Récksprooch kënnt.

Ech hat verstanen, de Minister hätt hinnen zougesot, ier dee Plan d'action national do ëmgësat gëtt, also festgehalen gëtt, datt do eng Récksprooch mat hinne kéim.

Des Weideren ass et wichteg, datt mer eng Strategie zur Verréngerung vun de Pestiziden an der Landwirtschaft am öffentliche an am private Beräich kréien. Do feelt et awer u statisteschen Donnéeën.

An dat war eng aner Diskussioun, déi mer haten. De Service d'Économie rurale, also den SER, hat de Minister gesot, hätt d'Statistiken iwwert de Gebrauch vun de Pestiziden, déi sech aus dem Verfall géifen erginn. A mir kréichen déi Statistiken, grad wéi d'Ëmweltorganisatiounen, zur Verfügung gestallt. Ech hunn nogekuckt um Site, do gëtt et se awer nach net.

Iwwregens ass mer och opgefall op deem Site vum SER, datt dee leschten Aktivitéitsbericht vun 2007 ass. Dat just an enger Klammer. Do schéngt keng esou eng Kommunikatiounsfreedegkeet ze sinn. Ech géif hoffen, datt dat sech géif verbesseren.

De Minister huet eis och gesot, datt all Professionellen ee Spréztregëster muss uleeën, also huet, wou drasteet, wat en a wéi engem Mooss wéi wäit wou gebraucht. Och do wier et gutt, gewuer ze ginn, ob dee Spréztregëster zentraliséiert géif ginn, natierlech, fir erauszefannen, wat do gebraucht gëtt.

A fënneftens hate mer eng Diskussioun iwwert d'Schutzzone vun eisen Drénkwaasserquellen. De Minister huet drop higewisen, datt der, mengen ech, datt der dräi praktesch sprochräif sinn, datt der néng an der Pipeline sinn. Mä ech mengen, mir brauchen der insgesamt 80 oder 90. An et wier och gutt, gewuer ze ginn, wéi mer do weiderfueren, well dat wierklech ganz dréngend ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Zur Landwirtschaft: Ech sinn absolut der Mee- nung an ech hunn et do gesot an ech sinn och frou iwwert d'Zouso, déi mer vum Minister an där Debatt do kritt hunn, datt fir d'Land- wirtschaft e ronnen Dësch muss gemaach ginn, wou all Akteuren zesumme sinn, datt net bila- teral mat deenen Akteure geschwat gëtt vum Ministère aus, datt mer also kucken, déi un een Dësch ze kréien. Well nëmme zesumme kann driwwer geschwat ginn, wéi mer eis Gesamt- problematik an de Grëff kréien a wéi mer do e Paradigmewissel fäerdegbréngen.

Et ass sécherlech wichteg, datt d'Land- wirtschaft eng Zukunftsperspektiv huet. Mä esou wéi et de Moment leeft, kann et net wei- dergoen! Mir kënnen net zouloossen, datt eis Flëss, eis Biedem, eist Grondwaasser esou be- laascht ginn, wéi dat bis elo de Fall ass - ouni ze soen, dat wier d'Schold vun de Baueren oder eleng vun der Landwirtschaft, mä déi konventionell Landwirtschaft dréit wesentlech dozou bäi.

Mir brauchen eng Zukunft fir eis Landwirtschaft an d'Fro, déi sech stellt, ass, ob déi enorm Sub- ventioune, déi de Moment an Europa an zu Lëtzebuerg bestinn, net missten ëmorientéiert ginn, fir eben der Landwirtschaft zu enger Zu- kunft ze verhëllefen.

Ënnert dem Stréch si mir net d'accord mat deem Projet de loi. En ass eis net ambitiéis ge- nuch, wéi jo och déi Motioun beweist, déi hei dräi Leit, dräi Deputéiert eraginn hunn, déi jo direkt freet, fir méi ambitiéis ze si bei der Ëm- setzung a bei der Gestaltung vun der Zukunft. Dat ass dee beschte Beweis, deen ee kann hunn, fir ze soen, datt et net duergeet, wat hei virläit.

Mir stëmmen dofir géint dat Gesetz a wäerten eis och bei där Motioun enthalen, an der Hoff- nung, datt allegueren déi aner Saachen, déi hei an der leschter Zäit verschräp si sinn an där doter Hisiicht, kuerzfristeg ëmgësat ginn.

An ech freeë mech drop, datt de Minister eis hei seet, a wéi enger Zäitschinn datt en all déi Saachen do wëllt maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Turpel. Nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Octavie Modert. Madame Modert, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Madame Presidentin, ech ginn op Aspekter an, déi spezi- fesch de Wäibau betreffen. Dat ass nach net vill zur Sprooch komm. Leider. Well et ass ze fäer- ten, datt de Wäibau a ganz grouss Schwierig- keeten duerch dësen Text kënnt, bis hin zu existenzielle Schwierigkeeten!

Madame Presidentin, Dir Dammen an Hären, eent ass kloer: Et muss an et soll esou mann wéi méiglech gesprézt ginn. Et geet ëm déi mënschlech Gesondheet. Et geet gläichzäitig ëm déi planzlech Gesondheet. Et ass wéi bei de Medikamenten: nëmme esou vill wéi absolut néideg, net méi! Et ass wéi bei de Medika- menten, well Kränke bei de Planzen ginn et lei- der esou wéi Krankheete bei de Mënschen. Esou mann wéi méiglech sprézen: Dofir schwätze mir niewent dem Bioubau och nach vun extensiver oder integréierter Landwirt- schaft oder Wäibau.

D'Aschleefe vu Kränken an Europa virun en et- lech honnert Joer, un déi déi einheimesch Planzen net gewinnt waren, géint déi se also net resistent waren, huet mat sech bruecht, datt ee géint déi Schädlingen a Kränke muss virgoen, well soss déi einheimesch Planzen an Aarten ënnerginn a verschwannen. All Rouse- frënn kenne jo de Problem vum Mehltau oder Peronospora (veuillez lire: Oidium), deen am 19. Johonnert aus Amerika ageschleeft ginn ass. Genausou ass et mat x anerem Pilzbefall. Dat féiert dann zu vollstännegem Erntausfall. Dat bedeit natierlech och kompletten Akom- mesausfall. Leider muss also géint d'Kränke behandelt ginn.

Natierlech wär et méi flott, méi kammoud, méi bëlle, wann een dat net bräicht. Esou awer kënnt een net ganz derlaanscht, och net am Biowäibau oder an der Biolandwirtschaft! Och do muss gesprézt ginn. An och do kann den Helikopter agesat ginn, mat anere Mëttele. Do sinn an de leschten zwee Joer och wëssen- schaftlech ganz interessant Versich gemaach gi vun der Wäibaustation mat Hëllef vu For- schungsinstituten, mat ganz interessanten Er- kenntnisser, déi Alternativen opweisen. Also soll een den Helikopter net verdäiwelen.

Et ass wichteg, den Débat ze objektivéieren. Et ass och wichteg, net ee géint deen aneren auszespillen. De Bioubau ass wichteg. De konventionellen, integréierten Ubau bleibt wichteg. Wéi huet den Här Mertens gesot: „Vläicht ass et guer net méiglech, am ganze Land, am ganze Gebitt Bioubau ze maachen.“

Objektivéieren ass wichteg. Et soll een näischt verdamen, wat just eng Hëllef ass. An dat ass an de Wéngerten och den Asaz vum Helikop- ter.

Et ass vill méi eng rationell, eng méi ëm- weltschounend well manner héich doséiert an homogen, an doduerch méi sécher Aart a Weis.

Et ass och eng transparent Aart a Weis, well laang am Virus sinn d'Spréztpläng ugemellt bei de Verwaltungen. 24 Stonne virum Asaz geet de ganz genaue Plang mat der Zesumme- setzung nach eng Kéier an d'Santé. Et ass also komplett transparent an dohier einfach ze kontrolléieren. Et kann och zu all Moment eng Kontroll kommen. Dat ass vill manner méiglech bei individuelle Spréztungen. Wéi géif dat dann do gemaach ginn?

„Transparenz an Informatiounen un d'Bierger“, ass vum Rapporteur ervirgestrach ginn. Jo, och dat gëtt scho laang gemaach! Dat gëtt scho laang gemaach an et ass eng Selbstver- ständlechkeet fir de Wénzer, datt dat gemaach gëtt.

Den Helikopter ass och nach en Instrument, dat bei all Wieder kann an den Asaz goen, aus- ser bei Wand an am Reen, awer direkt duerno. A genau dat ass, wat zielt, wourop et ukënnt. Et ass och e weidert Beispill fir de rationellen Asaz.

D'Käschten, d'Aarbechtszäiten an de Produkt- asaz sinn och nach besser, wéi wann all Einzel- nen et selwer mécht. Et ass iwwerhaupt net gewollt, fir iergendwou oder iergendengem Schued ze maachen; mä et ass gewollt, fir ra- tionell virzegoen an dohier och déi neisten Technologien anzewinnen, fir all Driff oder Ofdriff ze verhënneren.

Eent also virewech: Vill vun den neien Ufuerde- rungen aus dem Gesetz ginn haut scho bei der Helikopterspréztung erfüllt. An dofir mengen ech, datt et wichteg ass, déi ganz Debatt ëm- mer nees ze objektivéieren.

Den Helikopterasaz op der Musel huet nämlech näischt, iwwerhaupt näischt ze doen mat iergendengem radikalen Ofsprézen, wat de Leit ganz dacks virschwift; se denken un d'Flie- geren, déi groussflächeg Urwald oder Kulturen, ganz Kulturen, ofsprézen. Europa ass och net Amerika am Asaz vu Spréztmëttele. Den Asaz vum Helikopter ass net u sech ëmweltschied- lech, dat muss ee bedenken! Wourop et ukënnt, dat ass, wéi iwwerall, wéi eng

Spréztmëttele agesat ginn oder wéi vill. Iwwregens ass Pestizid net gläich Gëft - Klam- mer zou.

Op der Musel gi scho länger Zäit keng Insekti- zide méi agesat. An et bleift ze hoffen, datt et och net änneren muss duerch déi nei dëst Joer opgetauchten Drosophile, déi rout Kirscheseg- méck. Déi ass iwwregens just ee Beispill, wat déi radikal Bedroungen duerch äusserlech Afloss beweist, fir déi de Wénzer absolut guer näischt kann! Och pilzresistent Zorte sinn hei effeklos.

An dës Problemer befallen a betreffe sougutt de Biowäibau wéi dee konventionellen. Duerfir muss ee ganz gutt oppassen, wéi ee virgeet.

An do läit och d'Kromm an der Heck. Wéi ass et mam nationalen Aktiounsplang? Wat kënnt an d'Reglementer stoen? An esou weider. An der spéiderer Uwendung vum Gesetz ass nach immens viles onbekannt. D'Martine Hansen an aner Riedner hunn et scho gesot.

D'Chamber, eis Chamber, kann d'Auswirkun- gen net richteg aschätzen an d'Deputéiert kë- nen net en connaissance de cause ofstëmmen. Ech muss awer warnen, fir dat hei op déi llicht Schëller ze huelen.

An de Beruff, dee weess guer net, wou en drun ass a kuckt enger grousser Onsécherheet ent- géint.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hä- ren, de Wäibau riskéiert, vill Problemer ze kréien duerch déi nei Texter. Dofir ass dem Här Kox säin Amendement zur Helikopterspréztung eigentlech hypokritesch, sécher awer kontra- produktiv. Helikopterspréztung ass net verbue- den am Biowäibau. An et ass kee géint Bio- ubau. Dofir soll een op déi polariséierend Agrëffer verzichten. Déi schueden am Endeffekt der Biolandwirtschaft gradesou wéi där konventioneller. Dat ass kontraproduktiv an dat ass immens schued.

Et soll een net dividéiere wëllen, net aus poli- teschen Ursachen, net aus aneren Ursachen! Mir mussen eis bewusst sinn, datt d'Musel hei- madder e ferme Coup riskéiert, all d'klassesch zesummegegate Familljebetrieb, fir déi jo awer jiddweree plädéiert a wou mer ëmmer nach Opruffer maachen, fir d'Selbststännegkeet ze wëllen an ze woen.

Dir Dammen an Dir Hären, nach eppes ass on- logesch an dësem Text, souguer kontrapro- duktiv. Et geet jo drëm, datt den Helikopter ën- ner anerem weider kann agesat ginn, wou d'Aarbechten am schwéierste sinn, an de géien Häng, dat heescht, an de Steillagen. Do awer wäerten d'Sécherheitszonen an d'Distanze grouss Schwierigkeete schafen, well op ville Plazen d'Häng no derbäileien. Mir dierfen net vergiessen, datt eist ganz Wäibaugebitt zu Lët- zebuerg nëmme eng schmuel Straif ass.

Dir riskéiert also, déi bescht Lagen net méi rich- teg ze schützen an datt domat d'Wéngerten op de beschte Plazen, wou et och nach déi bescht Qualitéit gëtt, wou awer déi schwéierst Aar- becht ass, net méi gemaach wäerte ginn. Be- denkt, datt déi meesch Wäibaugebidder an Europa an op der ganzer Welt keng Steillagen hunn! Un déi bescht Lage stoussen och d'Na- tura-Gebidder, super Lage wéi Pällemberg, Fels, Hët, ganz vill anerer sinn a Gefor. Op anere Plaz gëtt de ganze Bann dovun betraff (veuillez lire: dovun betraff, wéi zum Beispill zu Bus).

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann den Helikopter net méi fléien dierf, an ëmsou méi, wann dat och nach déi géi Wén- gerte sinn, wéi elo grad gesot, da bedeit dat fir en normale Betrib, e Familljebetrieb mat duerchschnëttlecher Grësst, datt en ee Mann an eng Maschinn pro Joer weider muss hunn. Fir déi géi Wéngerte gi speziell Maschinne ge- braucht, déi vill Geld kaschten, soss kréien d'Wénzer déi Wéngerten net méi gemaach.

Dat alles ass e Käschtefacteur an eng grouss Aarbechtsbelaaschtung fir d'Betrieb - aus engem Secteur, wou et schonn de Moment schwierig ass mam Akommes: Den Ofaz vu Lëtzebuerg Wäi geet regelméisseg zrëck, trotz héijer Qualitéit an ouni datt de Verkafs- präis eropgaangen ass, an e Secteur, deen - Klammer op - och nach méi staark wéi anerer duerch d'TVA-Erhéijung d'nächst Joer belaascht gëtt!

Dir gesitt, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, datt et existenziell Problemer gëtt. Wéi soll do d'Musel iwwerliewen?

Derbäi kënnt, datt nach esou viles an Onkloe- ren ass. Keng Ausféierungsbestëmmunge si be- kannt. Et ass fir de Secteur eng onméiglech Si- tuatioun, och fir d'Chamber, déi hei ofstëmme muss iwwer e Gesetz, dat duerch nogelagert Bestëmmungen eng komplett aner Ausriichtung kréie kann. E Risiko, dee leider be- steet!

Mir géifen dofir gär haut vun lech wëssen, Här Minister, wat ze erwaarden ass. Sot eis wann

ech gelift, wéi ee Prozentsaz vun der Hangnei- gung an d'Reglement ageschriwwen gëtt. Wéi ginn d'Distanzen definéiert? Wat genau fällt ën- nert déi Zonen, déi am Artikel 9 opgezielt sinn? Ass lech bewosst, wat a wéi vill doduerch alles erausfällt vu Wéngerten? Wéi soll dat goe mat den Ofstänn, fir kee Fleckenteppich op der Musel ze kréien, well et zesummenhängend Gebidder mussen ginn, fir de Wäibau bedreiwen ze kënnen? Well soss muss vill, vill méi ge- sprézt ginn.

Dierf de Biowäibau nach Koffer asetzen, ouni Sécherheitsdistanzen? Wéi geet dat heibai mat der Buedem- a Grondwaasserbelaaschtung?

D'CSV freet, datt de Secteur an d'Protvigne souwéi d'Landwirtschaftskummer eescht geholl ginn a beim Ausschaffe vun den Ausféierungs- bestëmmungen a vum Aktiounsplang mat age- bonne gi vun der ganzer Regierung, richtungs- weisend! Et muss Dialog an Transparenz vun der ganzer Regierung mam Secteur herrschen, ëm deem seng Existenz et hei schliisslech geet.

Grad fir d'Uwendung vun dësem neie Gesetz ass et wichteg, d'Protvigne an déi lokal Heli- koptergenossenschaften an hiren Daachver- band ze stäerken, well déi këmmere sech ëm d'kollektiivt Organisatiounen vun integréiertem Wäibau, RAKen, déi d'Sprézte vun Insektiziden iwwerflësseg maachen, an esou weider.

Bei der praktescher Ëmsetzung vun dësen Tex- ter muss den administrativen Opwand onbe- dëngt a Grenze gehale ginn. Mir froen och, fir dës Texter der Chamberskommissioun ze pre- sentéieren - zurzäit, déi nogelagert Texter -, och wa mer natierlech wëssen, wéi d'Zoustän- negkeetsopdeelungen hei sinn.

A schliisslech: Informéiert eis haut wann ech gelift, wéi d'Échéancé wäerte si fir d'Akraafttrie- den! Et lafen nämlech Kontrakter respektiv et mussen der erneiert ginn. Wéi kënnen d'Wén- zer sech elo orientéieren, wou se scho matzen an der Planung sinn? Dat ass scho guer net ze maachen, wann net d'Enn vun der Saison ofgewart gëtt.

Ech bieden d'Regierung, d'Wénzer net am Stach ze loossen! Ech weess net, wéi de Wäibau et maache soll, fir d'Zukunft nach ze meeschte- ren. Ech weess och net, wéi et op der Musel an 20 Joer ausgesäit duerch dësen Text, ob et iwwerhaupt nach Wäibau do gëtt.

Dofir, Här Landwirtschaftsminister, mir soen lech am Virus Merci fir Ären Asaz, vun deem mir hoffen, datt Dir e bréngt fir d'Wénzer a fir d'Bauern! Setzt lech an an iwwerloosst Äert Feld net deenen aneren, mä weist d'Berechte- gung vun Ären Attributiounen an engem eege- stännegem Ministère. Loosst de Beruff net am Ree stoen, gitt op seng Suergen an! A suertg derfir, datt hei net ee géint deen aneren ausgespillt oder souguer opgehëtz gëtt, mä hëlleft dem Secteur! Hëlleft him, weiderhin e rationellen Asaz vu Produits phytopharmaceutiques ma- chen ze dierfen, soss wäerten et net méi ganz laang vill Wéngerten op der Musel ginn!

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Madame Modert. Wann ech elo richteg informéiert sinn, sinn d'Intervenanten op der Deputéiertesäit fäerdeg. Dann huet d'Regierung elo d'Wuert an ech hunn de Ple- séier, den Här Minister Fernand Etgen hei op d'Tribün ze bieden.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir och, vir- ewech dem Rapporteur, dem Kolleg Gusty Graas, Merci ze soe fir säin exzellente Rapport. Merci awer och alle Spriecher, déi ausnahms- los, mengen ech, konstruktiv Bäitrag hei vir- bruecht hunn an dëser komplexer an dach sen- sibeler Matière. De Rapporteur ass schonns op eng Rei Punkten an dem Gesetzestext agaangen an ech wäert déi Punkte jiddefalls, op déi et eis ukënnt, net nach eng Kéier wid- derhuelen.

Esou wéi de Mënsch kann och eng Planz krank ginn. An esou wéi beim Mënsch muss dann och d'Planz behandelt ginn! Dat ka preventiv duerch Kulturmoosname geschéien. Eng Kul- turmoosnam ass zum Beispill, fir d'Tomate- planzen ze iwwerdecken, fir datt se net naass ginn an doduerch net vum Pilz befall ginn.

Wann de Schutz vun esou Kulturmoosnamen net méi duergeet, da kënnt een a ville Fäll net derlaanscht, fir ze sprézen. D'Fro stellt sech natierlech, mat wat fir engem Produkt a wéi oft muss gesprézt ginn. Mäin Zil als Minister vun der Landwirtschaft, dem Wäibau a virun allem och als Minister vum Konsumenteschutz ass, bei der Produktioun vu qualitativ héichwäer- tege Liewensmëttele den Impakt vun de Spréztmëttele op Mësch an Natur esou wäit wéi méiglech ze begrenzen.



Wéi séier déi Mëttelen an de Fokus vun der ëffentlecher Diskussioun kënnen kommen, hu mer awer gesi bei dem Accident an der Belsch, deen eng direkt Auswirkung op eisen nationalen Drénkwaasserreservoir hat. Et ass duerfir wichteg, eng Gesetzgebung ze schafen, déi op där enger Säit kloer Limitte setzt, wat den Asaz vun deene Mëttelen ugeet, déi awer och de preventive Charakter net vernoléisst. Net ze vergiessen, datt dës Gesetzsvorschlag net nëmmen en Nidderschlag an der Landwirtschaft wäert hunn, mä och all aner Akteure mat aschleiss, sief dat den Handel, d'Gemengen, déi ëffentlech Verwaltungen, d'Eisebnungsgesellschaft an och d'Privatleit.

Dës Gesetz setzt de Paquet Pesticides ëm, deen Enn 2009 scho vum Europaparlament adoptéiert ginn ass. Dës Paquet beinhalt souwuel en europäesch Reglement wéi och eng europäesch Direktiv.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat europäesch Reglement enthält Bestëmmungen fir d'Zouloossung vu Planzeschutzmëttelen an hirer kommerzieller Form souwéi Bestëmmungen fir hir Mise sur le marché, hir Verwendung an hir Kontroll innerhalb der Europäescher Gemeinschaft. D'Reglement verbessert och den Niveau vun der Protektioun fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt, dréit zu engem besserer Schutz vun der landwirtschaftlecher Produktioun bei an erweidert a konsolidéiert de gemeinsame Maart vun de Planzeschutzmëttelen.

D'Direktiv schafft e Kader fir eng nohalteg Verwertung vu Planzeschutzmëttelen, andeems op där enger Säit d'Risiken an d'Auswirkungen op d'Gesondheet an d'Ëmwelt reduzéiert gi bei hirer Verwertung an op där anerer Säit d'Uwendung vun engem integréierte Planzeschutz souwéi alternative Methoden oder Verfahren wéi net chemeschen Alternativen zu Planzeschutzmëttelen gefërdert ginn.

Déi grouss Eckdaten an dëser Direktiv sinn d'Formatioun, de Plan d'action national, d'Helikoptersprézung, d'Kontroll vun dem Sprézen, d'Informatioun a Sensibilisation, spezifesch Moossname fir de Schutz vum Waasser an dem Drénkwaasser, d'Verréngerung vun de Planzeschutzmëttelen a spezifischen Zonen - dat kann och bis zu engem Verbuet goen - an d'Handhabung an d'Lagerung vun de Planzeschutzmëttelen.

Bis den heitegen Dag, wou ech houfreg sinn, datt de Projet de loi an dëser Chamber gestëmmt gëtt, war et e laange Wee. Mir sinn an dësem Dossier leider a Verspéidung komm, well eréischt Enn 2011 - d'Direktiv war vun 2009 - kloerheet geschafe ginn ass, datt de Landwirtschaftsministère d'Ausschaffe vun deem Projet de loi géif maachen. Well d'Direktiv bis Enn 2011 hätt missen ëmgesat ginn, krut de Ministère den 28. Mäerz 2012 eng Mise en demeure vun der Europäescher Kommission, op déi den 30. Mee 2012 reagéiert gouf an de Landwirtschaftsministère der Kommission matgedeelt huet, datt de Projet de loi amgaange wier ausgeschafft ze ginn.

Du kout de 26. Oktober 2012 den Avis motivé vu Bréissel an d'Wahrscheinlechkeet vun enger Saisine vun dem Europäesche Gerichtshaff ass ëmmer méi grouss ginn. Duerfir huet den 21. Dezember de Ministère der EU-Kommission geäntwert, an zu deem Zäitpunkt ass och den éischten Draft vun engem Projet de loi bäigeluecht ginn. Den 11. Januar 2013 huet du mäi Virgänger, de Romain Schneider, de Projet de loi an der Chamber déposéiert. Ech wëll dann och dovunner profitéieren, fir him och Merci ze soe fir seng gutt Viraarbecht.

Opgrond vun enger Ufro vum EU-Pilotsystem huet de Ministère den 23. August 2013 den éischte Projet vun dem Plan d'action national op Bréissel geschéckt, well deen och schonns zu deem Zäitpunkt hätt missen opgestallt a matgedeelt ginn. Dat Ganzt awer nach an der Optik, datt de Landwirtschaftsministère géif eng komplett Konsultatioun mat de concernéierten Akteure maachen, fir de Plang definitiv ze finaliséieren. Dës huet d'Bréisseler Kommission awer net akzeptéiert an de Landwirtschaftsministère huet misse séier handelen an Enn Dezember 2013 eng éischt definitiv Versioun vun dem Plan d'action national op Bréissel schécken.

Bis haut huet awer d'Kommission weder op den Draft vum Projet de loi vun 2012 nach op de Plan d'action vun Enn 2013 e Feedback ginn. Duerch de permanente Kontakt vum Landwirtschaftsministère mat der EU-Kommission konnt évitéiert ginn, datt mer um Europäesche Gerichtshaff gelant sinn, well jo den Avis motivé schonns zanter dem 26. Oktober 2012 do war. Lëtzebuerg huet deemno an dësem Dossier och nach keng Strofe misse bezuelen.

Mat dësem Gesetz kréie mer dann endlech eng gesetzlech Grondlag fir d'Ëmsetzung vun der

Direktiv 2009/128 a mir hunn dann am Prinzip d'Damoklesschwäert iwwer eise Käpp aus dem Wee geraumt. Dës Gesetz fixéiert awer och nach Ëmsetzungsregelen, déi am Kader vun dem EU-Reglement 1107 vun 2009 musse geholl ginn, fir datt dës Reglement och voll a ganz zu Lëtzebuerg applikabel ass. Well, och wann en EU-Reglement per se direkt applikabel ass, mussen awer bestëmmt Bestëmmungen am Gesetz virgesi sinn.

De Rapporteur ass schonn an extenso op déi verschidden Dispositiounen vum Gesetz agangen an ech wëll dat hei net méi widderhuelen. Erlaabt mer awer, op nach een Aspekt besonnesch anzugeen. Dës Gesetz huet effektiv eng Rei Sanktiounen virgesinn, an zwar gi souwuel administrativ wéi och penal Sanktiounen ageféiert. Op den éischte Bléck schéngen dës Sanktiounen vläicht e bëssen hefteg ze sinn. Mä ech wëll awer drop opmierksam maachen, datt mer et hei mat potenziell geféierleche Mëttelen ze dinn hunn, déi schwéier Konsequenzen op Mënsch, Déier an Ëmwelt kënnen hunn. A well och gréisser Gesellschaften kënnen a Konflikt mat dësem Gesetz kommen, sinn dës Sanktiounen, Här Reding, a mengen Aen och vollkommene gerechtfertegt!

Well dës Projet de loi duerch déi viregt Regierung an der Chamber déposéiert gouf an och d'Zoustëmmung vun der CSV deemools am Ministerrot kritt hat, waren nach keng Règlements grand-ducaux ausgeschafft. Elo si mer awer e Schratt méi wäit, well fir zwee vun deene Règlements grand-ducaux, déi am Kader vun dësem Gesetz musse geholl ginn, leien éischt Ébauché vir, déi ech lech elo hei kuerz wëll virstellen.

Fir d'Éischt de Règlement grand-ducal iwwert d'Formatioun fir professionell Benotzer vu Sprézmëttelen. An dësem Reglement geet et haaptsächlech ëm d'Formatioun, déi vun den EU-Direktiven zur nohalterger Notzung vun de Sprézmëttelen gefuerdert gëtt. Ahnlech wéi an der Belsch wäerten et zu Lëtzebuerg véier Zilgrupp ginn: éischtens de professionelle Benotzer vu Sprézmëttelen, zum Beispill Bauere, Wénzer, Gäertner, Landschaftsgärtner, Gemengenaarbechter; zweetens d'Mataarbechter vu professionelle Benotzer, wa si och Sprézmëttelen ausbréngen; drëtzens den Händler vu professionelle Sprézmëttelen respektiv Beroder; a véiertens den Händler vu Sprézmëttelen fir den Amateurberäich.

D'Membere vun deenen eenzelnen Zilgruppen dierfen hirer Beschäftegung an Zukunft nëmmen nach nooen, wa si en entsprecheend Certificat hunn. Dës Certificat kritt ee just ausgestallt, wann een eng entsprecheend Schoulausbildung nowise kann. Diplomer vun zum Beispill der Akerbauschoul oder enger pertinenter Héichschoul ginn an dësem Kontext unerkannt. Déi Leit, déi bis ewell keng esou eng Ausbildung hunn, kënnen en enger un d'Zilgruppen ugepasster Formatioun deel huelen, fir hire Certificat ze kréien. Dës Certificate sinn da siwe Joer laang gültig a gi verlängert, wann ee bannent deene siwe Joer un enger Formation continue deelhëlt.

D'Theme vun der Formatioun si graff duerch d'EU-Direktive virginn an ëmfaassen zum Beispill d'korrekt Benotze vu Sprézmëttelen, d'Risiko fir Mënsch an Ëmwelt a méiglech Alternativen zu de Sprézmëttelen.

Här Turpel, et steet néierens geschriwwen, datt d'Formateuren nëmme sollen aus dem Secteur agricole kommen. Am Géigendeel, et ass expressement virgesinn, datt och Leit aus dem Environnement sollen déi do Coursë kënnen halen. Den Text schléisst dat och guer net aus.

Fir datt eis Statistiken an Zukunft méi genee ginn, ass och virgesinn, datt d'Händler an Zukunft mussen nowise kënnen, u wéi si weini wéi ee Sprézmëttel verkaaft hunn. Just Leit mat engem Certificat dierfe professionell Sprézmëttelen kafen. Op all Verkaufsplaz muss op d'mannst een zertifizéierten Händler präsent sinn, fir de Keefer adequat ze beroden. An ech mengen, dat ass eng Äntwert op d'Fro vun der Madame Hansen.

Zousätzlech ginn allgemeng Regele gesat, wat d'Lagerung vu Sprézmëttelen, déi perséinlech Schutzausrüstung vum Uwenner an déi korrekt Entsorgung vu Verpackungen oder Reschter vu Planzeschutzmëttelen ugeet.

Dem Här Reding wollt ech hei nach soen, datt d'Neonikotinoide verbuede sinn op Bréisseler Niveau, an dat wäert an der Zukunft och laut dem Principe de précaution esou bleiwen.

Da wëll ech nach zum Reglement kommen, dat de Sprézhelikopter ubelaangt. Obschonns datt de Remembrement d'Bewirtschaftung vun de Wéngerten op deene meeschte Plaze wesentlich vereinfacht huet, bleiwen haut nach ëmmer 1.000 ha Wéngert mat enger Neigung vun iwwer 15%. Vun dësen 1.000 ha hunn 360 ha eng Hangneigung vun iwwer 30%. An dës Wéngerte sinn d'Sprézung vum Bue-

dem aus mat de Maschinne praktesch net méiglech. Zousätzlech ass d'Schaffe mam Trakter an dës géie Wéngertsbierger mat engem ganz héijen Aarbechtsrisiko verbonnen. Den Helikopter ass also och nach haut e wichteg Hëllefsmittel fir de Lëtzeburger Wäibau, haaptsächlech aus der Siicht vun der Aarbechtssécherheet.

Och aus der Siicht vum Verbraucher- an Ëmweltschutz spillen d'Helikoptergenossenschaften a mengen Aen eng ganz positiv Roll. D'Sprézung mam Helikopter gi streng vum Stat kontrolléiert. Et gi keng Insektiziden ausbruecht an d'Personal op de Landeplazen ass qualifizéiert. Nëmme duerch den Asaz an den Engagement vun den Helikopterspréztgenossenschaften konnte mir praktesch dat ganzt Lëtzeburger Wäibauareal mat dem biologesche RAK-Verfahren géint den Hee- a Sauerwuerm ofdecken. E groussen Nodeel vum Helikopter ass awer déi heich Ofdrift vun de Planzeschutzmëttelen.

D'Regierung ass sech de Vir- an Nodeeler vun dem Ausbréng vum Planzeschutzmëttelen mam Helikopter am Lëtzeburger Wäibau bewosst an huet duerfir am Projet de loi proposéiert, d'Spréze mam Helikopter am Wäibau just nach an deene Wéngerten ze erlaben, wou d'Sprézung mam Trakter ze geféierlech sinn. Duerfir ass ugeduecht, am Kader vum Règlement grand-ducal eng Mindesthangneigung vun de Wéngerte festzesetzen, déi nach mam Helikopter gesprézt dierfe ginn. Zousätzlech muss Sécherheetsdistanzen zu Haiser, Gäert, ëffentlechen Aarrichtungen, Gewässer, Biowéngerten a Waasserschutzzone vum Helikopter agehale ginn.

D'Joer 2015 wäert an dësem Sënn awer nach en Iwwergangsjoer bleiwen, wou eenzel Dispositiounen nach wäerte méi flexibel gehandhabt ginn. Doduerch soll séchergestallt ginn, datt d'Wénzer genuch Zäit hunn, fir Alternativen ze organiséieren, wéi zum Beispill e Raupenmechanisierungssystem.

Am Kader vun dem PDR ass dann och geplangt, esou innovativ an ëmweltschonend Steillagen-Mechanisierungssystemer ze subventionéieren. Mir wäerte jiddefalls alles drusetzen, fir de Wénzer zur Säit ze stoen an hinnen esou de Wee an d'Iwwergangsphas an och déi Phas duerno esou einfach wéi nëmme méiglech ze maachen.

Dernieft dierf och net méi all Sprézmëttel mam Helikopter ausbruecht ginn, mä nëmmen nach déi manner geféierlech Produkter. Natierlech muss d'Bevëlkerung informéiert ginn an de betraffenen Uertschaften. Déi aner Reglementer, déi op Basis vun dësem Gesetzestext musse geholl ginn, sinn och an der Ausaarbechtung.

Da kéim ech nach zum Plan d'action national. Opgrond vun der Feststellung vun der Beelaaschung vun eise Waasser mat Sprézmëttelréckstänn sinn dräi interministeriell Taskforcen tëschent dem Landwirtschaftsministère an dem Ëmweltministère gegrënnt ginn. An enger vun dësen Taskforcë geet et ëm d'Iwwerschaffe vum Plan national. D'Iddien an d'Elementer, déi duerch Consultation publique vum PAN gesammelt goufen, ginn an dëser Taskforce diskutéiert, fir da gegebenenfalls an de Plan d'action national anzefléissen.

Ech wëll awer elo schonns ervirhiewen, datt e puer vun deene Stellungnahmen interessant Idien a Pisten hunn an ee se weiderverfolge kann, fir se an de PAN afléissen ze loossen. Hei wëll ech awer och ganz kloer nach betounen, datt och d'Landwirtschaftskummer an déi do Diskussiounen x-mol agebonne ginn ass. A fir d'Lescht hu si hir Kommentaren zum Plan d'action den 8. August 2014 matgedeelt.

An deem Sënn kann ech d'Motioun, déi vun den Deputéierte Gusty Graas, Henri Kox a Frank Arndt initiéiert an hannerluecht ginn ass an déi sech souwuel op d'Ausschaffe vum Règlement grand-ducal iwwert d'Participatioun vum Public beim Ausschaffe vum Plan d'action national wéi och iwwert d'Adaptatioun vum Plan d'action national selwer bezitt, nëmme begrëssen a ka se och ouni Weideres akzeptéieren.

Dann hat d'Madame Hansen nach no der Kontroll vun de Spréze gefrot gehat. Dat ass wichteg, an am Kader vun der Landschaftsfleeg loossen elo schonns ëm déi 90% vun de Baueren a Wénzer hir Sprézen no deene Standards kontrolléieren, déi bis 2016 sollen a Kraaft trieden. Do sti mer also gutt do. Dat Ganzt kann dann an engem Règlement grand-ducal festgehale ginn.

Beim Private geet et ëmmer méi a Richtung vu fäerdege Spréze mat engem Inhalt, deen normalerweise Klass C, also manner géfteg ass. An ech mengen, beim Private sinn déi Kontrolle wierklech vill méi schwéier do duerchzuféieren, an duerfir ass u sech deen Ennerscheid do gemaach ginn.

Schlussendlech wëll ech och drop hiweisen, datt am Programme de développement rural, dee mir zu Bréissel virgeluecht hunn, eng Rei Mesurë

virgesi sinn, déi dem Bauer, dem Wénzer an dem Gäertner an dësem Kontext sollen hëllefen.

D'Madame Hansen hat gefrot, wéi eng Richtung am Fong geholl d'Regierung sech gesat huet. Ech mengen, dat Éischt ass ëmmer nach, deen éischte Wee ass ganz kloer an enger Reduktioun vun de Sprézmëttelen ze siichen. Ech mengen, d'Bauere si jo och op deem Wee an op deem Punkt ganz sensibel a schafen exzellent mat. Ech mengen, et ass esou, wéi et hei scho gesot ass ginn: D'Bauere maachen net futti, wat si selwer lieue léisst, an dat ass de Buedem an dat ass d'Waasser.

Deen zweete Wee, deen ech wollt weider ausbauen, ass dee vun der Substitutioun. Dat heescht, et geet drëms, déi geféierlech Sprézmëttelen ze ersetzen duerch ongëfteg Substanzen oder ekologesch Verfahren.

An ech mengen, deen drëtten Wee ass ganz kloer deen - wéi d'Madame Hansen et och nogefrot hat - am Beräich vun den ëmweltschonende Verfahren. An der Reduktioun vu Planzeschutzmëttelen gëtt vill gefuerscht. D'Erausfuorderung besteet einfach doranner, d'Resultater vun der Fuerschung esou séier wéi méiglech an der Praxis ëmzesetzen. Dat geet awer nëmmen iwwer eng performant Berodung an eng cibléiert Weiterbildung.

Ech mengen, dass mer och de Moment schonn am Kader vum PDR eng ganz Rei Elementer hunn a besonnesch eng ganz Rei nei Mesurë geholl hunn. Am Kader vun der Landschaftsfleegprim a mam Parzellepass gëtt et eng Informationspflicht vum Dünger a vu Planzeschutzmëttelen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, Dir misst esou lues zum Schluss kommen. Ech hunn lech e bësse Latitud gelooss, well Dir och zur Motioun Stellung geholl hutt. Mä Dir misst awer elo zur Konklusioun kommen.

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Jo, da fueren ech stéichwuert-aarteg weider. Et dierf kee Roundup méi gesprézt ginn an deene Parzellen, wou am Hierscht näischt ageséit gëtt. An den Natura-2000-Gebidder ginn d'Rodentizide verbueden.

Aner Mesurë si verschidden Optiounen mat Verzicht op Herbiziden oder Insektiziden, Extensivierung vu Gréngland. Och am éischten Pilier mat den Zwëscherfrichte kann een am Fong relativ villes maachen. Aner Stéchwierder: Ackerand- a Blühstreifenprogramm, Bongerteprogramm, d'Schafe vu Bordurë laanscht d'Waasserleef, wou iwwerall den Asaz vu Planzeschutzmëttelen verbueden ass an eng substanzuell Erhéijung vun de Primme bei der Biolandwirtschaft.

Ech mengen, et sinn och schonns eng Rei Mesurë virgesi fir déi ausgewise Waasserschutzzonen. Ech mengen, och do waart d'Landwirtschaft drop, datt déi sollen ausgewise ginn, an dorunner gëtt zilstrebeg geschafft.

Ech hunn zesumme mat der Madame Dieschbourg ausgemaach, datt, soubal wann och de PDR vu Bréissel zrëckkënn, mer opgrond vun deenen neien Erkenntnisser no deenen Accidenter eis dann an der Taskforce zesummesetzen an eis Mesuren am Liicht vun deenen neien Donnéeën evaluéieren a kucken, ob mer déi mussen iwwerdenken.

Ech mengen, dës Oplëschtung, déi ech elo hu missen am Schnellverfahren, Här President, maachen, ass net exhaustiv an ëmfaasst haaptsächlech déi nei Mesuren. Déi al Mesuren, wéi de RAK op der Musel an esou weider oder déi aner Mesuren am PDR gi selbstverständlech weidergefuert.

Als Konklusioun kann een nach just soen: Dës Gesetz, zesumme mat senger Reglementer a mat dem Aktionsplang, ass wichteg an néideg. Et ass wichteg, datt mer all déi Instrumenter an d'Hand kréien, fir eng kontrolléiert Utilisatioun vun de Planzeschutzmëttelen ze garantéieren am Interessi vum Benotzer a vum Konsument. Et ass néideg, well mer eng Obligatioun hunn...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister.

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- ...vis-à-vis vun der Europäescher Unioun. Nach eng Minutt, Här President...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, Här Minister, Dir kommt elo zur Konklusioun, wann ech gelift.

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des**



consommateurs.- Genau. Ech si bei der Konklusioun.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, awer direkt.

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Wa mer keng national Moossnamen huelen, de Secteur vun de Pflanzeschutzmëttelen ass ee ganz evolutive Secteur, deementspreechend ass och dëst Gesetz a besonnesch den Aktiounsplang, deem heirobber baséiert, als een evolutive Prozess unzegesinn, deem eng permanent Evaluatioun verlaangt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister, ech wëll lech just soen, mir hunn zënter enger gewësser Zäit e Knäppchen hei uewen, mat deem mer de Mikro kënnen ausmaachen. Da géif ech lech elo just nach ee Saz ginn, fir zouzemaachen, soss misst ech dee Knäppchen asetzen. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Bon, Merci, Här President.

(Hilarité)

An deem Sënn, wéi de President gesot huet, géif ech dann d'Chamber bieten, dëse Gesetzestext ze stëmmen...

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...an esou eng nei Ära anzelauden, fir eng nohalteg Notzung vun de Planzeschutzmëttelen, mat enger kompetitiver, op Wirtschaftlechkeet ausgerichter Landwirtschaft...

(Extinction du micro par la présidence)

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dir hutt mir d'Geleeënheet ginn, Här Minister, fir d'éischte Kéier dee Knäppchen auszeprobéieren. Ech wëll lech soen, dass e geet. A vu dass Dir de Minister sidd fir d'Relatioun mam Parlament,...

(Hilarité)

...géif ech lech bjeden, dass dat hei zweemol geschitt ass: fir d'Éischt a fir d'Lescht. Merci.

(Hilarité générale)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6525 et dispense du second vote constitutionnel

Sou, da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen iwwert de Projet de loi 6525. De Vote huet ugefaangen an ass och schonn eriwwer. An de Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen, 5 Nee-Stëmmen, 23 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

Motion 1

Ass d'Chamber dann och, nodeem d'Regierung bereet ass, d'Motioun unzehuelen, bereet, fir à main levée driwwer ofzestëmmen? Vote électronique?

(Assentiment)

An der Rei. De Vote électronique ass gefrot.

Et gëtt nach eng Wuertmeldung.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech maachen och séier. Merci, Här President.

Als CSV wäerte mer eis bei der Motioun enthalten. Mat verschiddene Saache kéinte mer liewen, zum Beispill mat dem Kompetenzzentrum. Dee géif ech zwar och net „Centre de compétence“ - wéi steet hei? - „conseil agricole intégré“ nennen, mä da fir eng integréiert Landbewirtschaftung.

Mä mir mussen eis enthalten a mir wäerten eis enthalten, well mer net nëmme mat engem Règlement grand-ducal averstane wieren, dee mer gären esou séier wéi méiglech hätten. Mir hätte se gär alleguer esou séier wéi méiglech. Awer mir wëlle gär virdu wëssen, wat drasteet, ier mer zum Minister soen, hie soll se unhuelen. Also wäerte mer eis hei enthalten. Merci.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Mir kafe keng Kaz am Sak.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Soss nach Wuertmeldungen? Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwergeen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung huet ugefaangen an ass och schonn eriwwer.

(Interruptions diverses et hilarité)

An de Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen bei 28 Enthaltungen ugehall. D'Motioun, entschëllegt. Entschëllegt, et gëtt och bei mir spéit.

Also, d'Motioun ass mat 32 Jo-Stëmmen vis-à-vis vun 28 Abstentiuonen ugehall. Ech ginn dovun aus, dass d'Abstentiuone motivéiert sinn.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da soen ech lech Merci a mer géifen dann zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwergeen, dem Projet 6672.

(Brouhaha)

Wann ech gelift nach e bësse Konzentratioun. Wa kleng Sëtzunge sinn, et gëtt hei Raimlechkeeten, fir déi ofzehalen. Villmools Merci.

Et ass de Projet 6672, eng Direktiv iwwert déi sanitär Regeln am Beräich vun Déierenennerprodukter an anere Produkter, déi net fir de mënschleche Gebrauch bestëmmt sinn. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Edy Mertens.

Ah, ech hu gesot kritt, ech misst de Mikro vum Riedner erëm umaachen.

(Hilarité)

6. 6672 - Projet de loi

1) relatif à la mise en application du règlement (CE) n°1069/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 établissant des règles sanitaires applicables aux sous-produits animaux et produits dérivés non destinés à la consommation humaine et abrogeant le règlement (CE) n°1774/2002;

2) relatif à la mise en application du règlement (UE) n°142/2011 de la Commission du 25 février 2011 portant application du règlement (CE) n°1069/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 établissant des règles sanitaires applicables aux sous-produits animaux et produits dérivés non destinés à la consommation humaine et portant application de la

directive 97/78/CE du Conseil en ce qui concerne certains échantillons et articles exemptés des contrôles vétérinaires effectués aux frontières en vertu de cette directive; et

3) modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Edy Mertens** (DP), *rapporteur.*- Bon, schlecht wier et net.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat et méi spéit gëtt, gëtt et elo ëmmer méi sténkeg an ëmmer méi grueleg. Ech schwätzen lech iwwert de Projet 6672, deem ech lech haut hei presentéieren, de Rapport. Et ass de Projet iwwert d'Sous-produits animaux a wéi ee mat deenen ëmgeet, wann ee se dann huet.

Dëse Gesetzesprojet ass den 31. Mäerz 2014 vum Landwirtschaftsminister déposéiert ginn. De 24. Juni gouf dann e Rapporteur zu deem Projet genannt. Fir d'Detailer doriwwer, iwwert d'Avisé vun de Beruffskummeren an och iwwert de Statsrot souwéi der Aarbecht an de Kommissiounssëtzungen, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, vill froe sech bestëmmt, wat ass dat, Sous-produits animaux, iwwerhaapt. Ma dat sinn all déi Deeler vun engem Déier, déi de Mënsch net konsumméiere kann. Am Fachjargon sinn dat Deeler, déi net fir d'mënschlech Consummatioun also gebraucht kënnen ginn, sief dat, datt se beim Schluechte vu Béischten, bei der Veraarbechtung vu Produiten, déi aus Déieren hiergestallt ginn, bei der Eliminatioun vun Déierekadaveren entweder am Stroosseverkéier, oder wa se awer Krankheete mat sech droen, wa geekelt huet misse ginn, wou also ganz Ställ hu misse geschluecht a vernicht gi weinst enger Krankheet. Konkret sinn et haaptsächlech d'Innereien, d'Kadaveren awer och de Piff. Dofir hat ech vum Geroch geschwat.

D'Zil vun dësem Projet ass et am Fong, fir sécherzestellen, datt beim Émgang, bei der Valorisation, beim Recyclage a bei der Eliminatioun vun esou Sous-produits animaux sanitär Regeln agehale ginn, fir datt duerch dës Produkte keng Krankheeten, weder op de Mënsch nach op d'Déieren, iwwerdroe kënnen ginn. Dowéinst definéieren dës Reglementer och d'Regele fir den adequaten Transport an de Stockage vun esou Produiten.

De Gesetzesprojet vun haut ass am Fong eng Mise en application vun zwee europäesche Reglementer, déi ewell säit dem 4. Mäerz 2011 direkt fir Lëtzebuerg gëllen, mä et huet fir d'Europäesch Kommissioun un engem Uspriechpartner gefeelt, also eng kompetent Autoritéit, déi kuckt, datt déi Dispositiounen, déi duerch dës Reglementer a Kraaft getruede sinn, och hei zu Lëtzebuerg dann applizéiert kënnen ginn.

Dësen Uspriechpartner hu mer elo definéiert an dësem Projet de loi, an dat ass de Minister fir d'Agrikultur, also de Minister fir d'Agrikultur a fir d'Protection du consommateur. Dësen delegéiert dann zum Beispill d'Kompetenz fir d'Gestioun vun de Kadaveren, d'Kompetenz fir alles, wat d'Kollekt, d'Transformatioun an d'Eliminatioun vun den Déierenoffall betrëfft, virun un d'Administration vétérinaire.

Doniewent sinn d'Ëmweltverwaltung an d'ITM zoustänneg fir d'Autorisatiounen fir d'Installatiounen, déi esou Produiten entweder stockéieren, transforméieren oder eliminéieren. Da gëtt och nach d'ASTA, den technesche Service vum Landwirtschaftsministère, als zoustänneg erkläert, fir sécherzestellen, datt, wann esou Produiten als Déierrefudder benotzt ginn, all d'Virschreft respektéiert ginn.

D'Festleeë vun deene kompetenten Autoritéite war och notwendeg ginn, well et bei enger Kontroll, wéi ee seet, zu Lëtzebuerg den Experten opgefall ass, datt si eigentlech kee richtegen - an deem Beräich do -, kee richtegen Uspriechpartner hei an deem Domän haten.

Dës Administratiounen sinn also kompetent, fir d'Autorisatiounen an d'Agrémenten ze verginn am Kader vun Obligatiounen vun dëse Reglementer. Zudeem kënnen dës Administratiounen och Kontrolle maachen. A wa se dobäi eng Infraktioun feststellen, da kënnen se och Sanktiounen géint dee Betroffene ausschwätzen. Dës Infraktiounen an och déi dorop stöend Sanktiounen hu missen duerch dëse Projet de loi festgeluecht ginn.

De Statsrot hat souguer eng Opposition formelle ausgesprach, well mer net explizit genuch all Sanktioun fir all Infraktioun definéiert haten. Si hunn do geschwat vun der Schéier, déi ze wäit ausernee geet bei deenen am penale Volet. Ech wëll lech dat awer erspieren.

Mir hunn deem Rechnung gedroen an déi Infraktiounen sinn elo ganz prezis am Projet de loi enthalten. Well dat war e ganze Wälder an och an dem Projet, an dem Rapport, deem ech lech ginn hunn, oder wou Der Abléck hutt, do gesitt Der, datt déi ganz exakt opgefouert sinn an datt sinn e puer Säite voll.

Zudeem mussen dës Beamten, fir d'äerfen dës Kontrollen duerchzeféieren an d'Infraktiounen feststellen, eng Formatioun absolvéieren, fir datt se d'äerfen als Officier de police judiciaire agéieren.

An dësem Projet hu mer och festgehalten, datt, wann een eng Demande fir en Agrément mécht am Kader vum Offallgesetz oder vum Établissements-classés-Gesetz, een dann net och muss eng Demande maachen am Kader vun dësem Gesetz. Dat vläicht am Sënn, fir en Deel bäizedroen zur Simplification administrative.

Dann huet de Statsrot eis och drop opmierksam gemaach, datt dëse Projet de loi keen Délai transitoire fir eng Mesure d'äerf festleeën, well d'Dispositiounen aus de Reglementer de facto ewell säit 2011 applikabel sinn an net eréischt beim Akraafttriede vun dësem Gesetz. Deem hu mer selbstverständlech och Rechnung gedroen.

Zum Schluss huet de Statsrot sech och dru gestéiert, datt mer den Délai de recours, deem engem zoustee, falls ee Bedreiver vun enger Installatioun säi Buttek zougemaach kritt oder säi Betrib, well e sech net un d'Virschreft gehalen huet, op 40 Deeg statt deenen üblechen dräi Méint festgeluecht hunn. De Landwirtschaftsminister huet awer erkläert a gemengt, datt dësen Délai, well et hei awer ëm d'Santé publique geet, bewosst soll méi kuerz sinn. Deem hu mer do Rechnung gedroen.

Här President, d'Landwirtschaftskummer huet eis och drop opmierksam gemaach, datt d'Lëtzebuergesch Baueren iwwer 6.000 ha Land am noe Grenzgebitt bewirtschaften an datt, wann dës Bauere wëllen de Piff vun hirem Bauerenhaff zu Lëtzebuerg op hir Felder an d'Belsch, zum Beispill an d'Wallonie, féieren, da musse se fir all Transport en Dokument bäileeën, also am Besëtz vun engem Dokument sinn, wann d'Kontroll kënnt.

Do kann ech d'Beruffskummer vun der Landwirtschaft berouegen a soen, datt en attendant d'Regierung en Accord bilatéral mat der Wallonie an deem Dossier fonnt huet, fir dës bürokratesch Moossnam aus der Welt ze schafen. Fir den Transport iwwert déi aner Grenzen zu Däitschland a Frankräich, do ass absolut kee Problem, well déi dat Dokument net froen. Do kann een einfach esou fueren, do huet et nach ni Schwierigkeete ginn, esou d'Erklärung vun eise Fachleit.

Dat gesot, bréngen ech hei och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext an ech soe villmools Merci der ganzer Kommissioun, de Fachleit vun dem Ministère de l'Agriculture, vun dem Service vétérinaire, déi eis vill dora gehollef hunn, an och villmools Merci dem Här Christian Lamesch, deem eis och gehollef huet, dee Bericht ze schreiwen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Martine Hansen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem Här Edy Mertens, villmools Merci fir säi Rapport an ech probéiere mech och ganz kuerzzehalen.

Als CSV begrësse mer d'Ëmsetzung vun dësen europäesche Reglementer an d'Lëtzeburger Gesetzgebung mam groussen Zil, fir d'Santé publique an animale zousätzlech ofzesécheren, well leider kommen ëmmer erëm Skandalen am Liewensmëttelberäich vir. Skandalen, déi mer zwar meeschtens importéieren, wann een dat esou ka soen, awer ënnert deenen eis Betriber am Liewensmëttelberäich an och eis landwirtschaftlech Betriber ganz dacks musse leiden. Duerfir ass et wichteg, datt mer hei kloer Regele schafen.

Well de Rapport esou ausféierlech war, ginn ech och just op zwee Punkten an. Den éischte Punkt ass den Transport vun der Gülle. Den Här Mertens hat deem och ugeschwat. Am Artikel 7 steet, datt den Transport vun der Gülle, Liser, ouni Document commercial an ouni Certificat sanitaire innerhalb vum Grand-Duché méiglech ass. Mer hunn och héieren, datt de Problem mat der Wallonie, dee bestanen huet, duerch ee bilateraalt Ofkommen geléist ass. Dat begrësse mer natierlech.